# RIPEVUSCH

ZEITUNG VUN DER GEMENG USELDENG

N° 1 / 3 – 2021



RIPPWEILER | EVERLANGE | USELDANGE | SCHANDEL

# SOMMAIRE

## PRÉFACE



## GEMENG


Extrait du registre aux délibérations .... 04
Opruff un all d'Hondsbesëtzer .... 06
Ausbau vum Schoulkomplex an der Maison Relais .... 07
Opwäertung vum Park ronderëm de Fussballsterraint .... 09
Réunion avec le corps enseignant .... 13
Vereedegung vum Bob Waltzing .... 13
Qualité d'eau .... 14
Maison Relais „bei de Fliedermais" .... 16
JSKU – aktiv in und für die Gemeinde .... 19
„Wichtelcherswee" .... 21
Présentation des Projets digitaux au ministre Hansen .... 22
Reouverture vum Bancomat .... 23
Relance économique .... 23


## DUERFLIEWEN


Ideenwettbewerb für die zukünftige LEADER-Periode 2023-2029 .... 24
Ouschterdag an der Gemeng .... 26
Éischt Kommunioun an der Par Atertdall Sainte-Claire .... 26
Madeleine Nierenhausen-Kremer feiert 90. Wiegenfest .... 27
Irma Mergen-Weimerskirch zählt 90 Lenze .... 28






## VERÄINSLIEWEN


Grouss Botzaktioun am Tuerm vun der Useldenger Buerg .... 29
Duerffrënn Schandel: de Kleeschen zu Schandel .... 31
Pompjeesfrënn Gemeng Useldeng .... 32
Aktivitéiten Harmonie Useldeng a.s.b.l .... 34
Buergbrennen 2021 .... 36
Castleride-Treff noch immer in Corona-Zeiten .... 37


## GESCHICHTLICHES AUS DER GEMENG


D'Useldenger Gare am Modell .... 38


## DE GRÉNGEN ECK


KlimaTeam Useldeng .... 42
Energie Atelier .... 47


## AGENDA

## AM KANTON


Scouten Grousbus .... 48
Aktioun Kannerwonschbam 2020 .... 49
Pakt vum Zesummeliewen .... 50
Tourist Info .... 51
Installatiounsfeier vum Jean-Jacques Flammang .... 52


## SERVICE


Par Atertdall, HausCaRe, erzielt eis Aer Geschicht, Musikschoul Kanton Réiden .... 53


Wann Dir Loscht hutt fir beim „Ripevusch" matzeschaffen oder heiansdo een Artikel oofzeliwweren kënnt Dir Iech beim Pollo Bodem mellen (bodemp@pt.lu). Weider Informatiounen a Fotoen iwwert d'Gemeng fannt Dir um Internet op www.useldeng.lu

**Redaktiounsschluss fir den Ripevusch 2/2021 ass den 09.08.2021!**


Coverfoto: Sassai Lehnert
Correctures: Merci dem Gaby Pavant
Mise en page: a | part
Impression: imprimerie reka
Tirage: 880 exemplaires

# Pandemie a Päischten – Hoffnung a Liichtbléck



Iwwer méi wéi eent Joer schonns hält d´Pandemie eis an Otem, mee d´Enn vum Tunnel kënnt esou lues a lues a Siicht. D´Impfzentre schaffen op Héichdrock an eis Biergerinnen a Bierger, Schülerinnen a Schüler, Pensionéierter, Handwierker a schaffend Leit droe ganz disziplinéiert hir Mask a passen op, esou gutt wéi et geet!

Et freet mech feststellen ze kënnen, mat wat fir engem Engagement an Devouement eist Schoul- a Gemengepersonal dës dach schwiereg Zäit meeschteren; wéi d´Leit op der Aarbecht, an de Klinicken, an de Supermarchéen, an de Büroen, am Haushalt, am Homeoffice an an der Famill mat der Situatioun eens ginn. Alles dat ass bewonnerenswäert a verdéngt grousse Respekt an ee ganz décke Merci!

De Gemengerot gesäit sech nach ëmmer - covidbedéngt - reegelméisseg am Centre Culturel a konnt emol nach net vun deem schéine renovéierte Sëtzungssall an der Märei profitéieren.

Eis Veräiner funktionéieren - wéi kéint et aneschters sinn - op „Sparflamme" a gi sech all Méi, dat dach sou wichtegt Zesummeliewe funktionéieren ze loossen.

Innovatioun ass gefrot an d´Wuert vun der Stonn: Digitalisatioun.

Sou huet eis Museksgesellschaft hir Generalversammlung digital ofgehalen an d´Resultat war wierklech gelongen.

Mee näischt steet iwwert dem perséinleche Kontakt an der physescher Presenz, zwou Saachen, déi mer alleguer béis vermëssen.

Mir hoffen, dass de Summer eis endlech erëm déi Fräiheeten, déi mer kannt hunn, erëmbréngt a loossen eis natierlech net ënnerkréien.

An eiser Gemeng steet villes um Programm, Klenges a Grousses!

D´Installatioun vun deenen neien „intelligente" Waasserzieler leeft op Héichtouren, dee grousse Chantier bei der Schoul ass an den Delaie gestart a wäert eis eng Zäitche beschäftegen. Eis Gardenekipp planzt vill schéi Blummen a versicht permanent eis Dierfer nach ze verschéineren, mee beklot sech awer och iwwert dee villen Dreck, dee verantwortungslos Autofuerer uechtlos laanscht d´Stroossen aus hire Gefierer geheien, woubäi och emol Becheren an aner Saachen iwwert d´Hecken op Privatbesëtz am Virgaart an an de Wise landen ...

Dat ass de Revers vun der Medail an enger Gesellschaft, déi leider ëmmer méi u sech denkt! „Take away, fly away" schéngt bei Verschiddenen op der Dagesuerdnung ze stoen, woubäi mir schéngt, dass de Gros awer vum Transitverkéier hierkënnt.

Eis Natur blitt erëm op an erhëlt sich. Eis Tréppel- a Wanderweeër ginn esouvill genotzt ewéi nach ni, an d´Resonanz vun de Benotzer ass duerchaus positiv.

Et ass nit einfach, ëmmer alles op Héichglanz ze halen an de Visiteuren eent proppert Bild ze hannerloossen, mee mat dem gudde Wëlle vun all Eenzelen, ob Hondsbesëtzer, Wanderer oder Vélosfuerer, ass villes ze maachen.

Léif Leit,

Päischte steet virun der Dir a fir vill kënnt déi schéinsten Zäit am Joer op eis duer.

D´Mënschheet huet an der Vergaangenheet villes duerchgestanen an huet ëmmer erëm och iwwerlieft.


De Corona mécht eis midd, virun allem déi Al, déi eleng sinn an déi Krank.

Trotzdeem sollte mer d´Glas hallef voll gesinn an net hallef eidel; villes hänkt vun der Astellung of.

Ech sinn iwwerzeegt: Mir packen dat a sinn um gudde Wee!

Schéi Päischte fir Iech all a bleift gesond!

*Äre Buergermeeschter*



# Extrait du registre aux délibérations

## du conseil communal de la commune d'Useldange



## Séance du 11 décembre 2020

### Approbation du devis et du concept en deux phases contre les crues et inondations à Everlange-Mesures à court terme

Le conseil communal a approuvé le devis et les mesures concernant le concept en deux phases contre les crues et inondations à Everlange .

Le montant total du projet s'élève à 248.544.29 € et un remboursement des frais pour un montant de 162.000 € de la part de l'Administration de la Gestion de l'Eau est à prévoir.

### Approbation du projet et du devis d'une aire de jeux à Useldange.

Le conseil communal a décidé de remplacer l'ancienne aire de jeux près du terrain de football à Useldange. Le projet prévoit une installation en acier .

### Vote d'un règlement concernant les subsides revenant aux clubs et sociétés locales

Le conseil communal a voté le nouveau règlement concernant les subsides revenant aux clubs et sociétés locales.

## Séance du 18 décembre 2020

Le conseil communal a voté à l'unanimité le budget 2020 rectifié et le budget 2021.

| Budget 2021 | | |
|---|---|---|
| | Service ordinaire | Service extraordinaire |
| Total des recettes | 8.451.891,10 € | 6.138.572,20 € |
| Total des dépenses | 7.217.736,64 € | 10.569.417,24 € |
| Boni propre à l'exercice | 1.234.144,46 € | |
| Mali propre à l'exercice | | 4.430.845,04 € |
| Boni présumé fin 2020 | 3.606.198,31 € | |
| Boni général | 4.840.342,77 € | |
| Mali général | | 4.430.845,04 € |
| Boni définitif | 409.497,73 € | |







**Dépenses extraordinaires Budget : 2021**

Digitalisaton Useldange : 180.000 €

Diverses mesures à réaliser dans le contexte de la participation au « Pacte Climat » : 245.000 €

Revalorisation touristique et écologique des places publiques : 525.000 €

Transformation de la maison Dieschbourg : 130.000 €

Extension du centre scolaire et de la maison relais : 6.800.000 €

## SÉANCE DU 19 FÉVRIER 2021

### Mise à jour du plan pluriannuel financier (PPF) 2021

Le conseil communal prend note de la communication des tableaux de synthèse générale et par fonction du plan pluriannuel de financement.

### Approbation du compte administratif 2019 et du compte de gestion 2019

**Compte administratif 2019**

Le conseil communal, à l'unanimité des voix, arrête provisoirement le compte administratif de l'exercice 2019.

**Compte de Gestion 2019**

Le conseil communal, à l'unanimité des voix, arrête provisoirement le compte de gestion de l'exercice 2019.

**Décision concernant l'engagement d'étudiants pour l'année 2021**

Le conseil communal a approuvé l'engagement d'étudiants pendant les vacances d'été 2021.

Chaque étudiant devra avoir au moins 16 ans et au plus 18 ans accomplis au moment de son engagement. Une dérogation d'âge dépassant les 18 ans sera accordée aux étudiants ayant opté pour un emploi à la Maison Relais, s'ils possèdent le brevet d'animateur A. La période d'occupation pour chaque étudiant sera définie en fonction du nombre de candidatures et sous réserve de la crise sanitaire.

# Opruff un all d’Hondsbesëtzer

GEMENG USELDENG





Leider musse mir feststellen, datt de Problem mam “Hond-Schäiss” an den ëffentlechen Anlagen an op den ëffentleche Plazen nach ëmmer net geléist ass an d'Reklamatiounen huelen ëmmer méi zou.

Et ass nit angeneem fir de Service Technique vun der Gemeng ze schaffen, wann iwwerall där “Tellerminne” leien.

D’Gemeng Useldeng huet eng ganz Rëtsch vu Poubellen & Tute an den Dierfer aus der Gemeng installéiert fir den Hondsbesëtzer de Ramassage vum Kacka ze facilitéieren.

Duerfir hei nach emol eisen Appell un Iech:

W.e.g. gitt mat Ären Hënn op d’Gewan spadséieren, fir hir Kommissioun ze maachen, respektiv huelt eng Tut mat a raaft Ären Hënn hir Kommissioun op!

Des Weideren wëlle mir Iech och drop opmierksam maachen, Ären Hond net fräi lafen ze loossen a beim Spadséieregoen Ären Hond an d’Léngt ze huelen!

*Merci am Viraus fir Äert Versteesdemech.*

# Ausbau vum Schoulkomplex an der Maison Relais

Am Gemengerot vum 30. Oktober 2020 gouf eestëmmeg de Projet gestëmmt vum Ausbau vun der Schoul an der Maison Relais. Den Devis beleeft sech op 16,3 Milliounen € an de Staat subventionéiert de Projet mat 6,6 Milliounen €.

Den Ausbau ass néideg ginn, well d'Gemeng an deene leschte Jore permanent gewuess ass mat ëm déi 20-25 Wunnunitéite pro Joer. Och an deenen nächste Jore wäert d'Gemeng weider wuesse mat all de Wunnprojeten, déi am Bau respektiv an der Prozedur sinn, ënner anerem de Projet PAP Helpersbierg mat 40 Unitéiten, Projete vum Fonds de Logement mat 11 Unitéiten am PAP Schiessberg an 12 Unitéiten am Foyer Béiwenerstrooss, den Haff Waltzing an der Arelerstrooss zu Useldeng oder den Haff Schweitzer an de Café Engel zu Iewerleng, déi amgaang si revaloriséiert ze gi mat insgesamt 34 Unitéiten.




Projet Haus Waltzing



Projet Haff Schweitzer



Projet FDL Beiwenerstrooss




Projet Café Engel

Déi aktuell Infrastruktur ass ausgeluecht fir 210 Kanner an der Schoul an 180 Kanner an der Maison Relais. Mat der Ëmsetzung vum Projet ass eng Kapazitéit vun 330 Kanner fir Schoul a fir Maison Relais virgesinn.

Iddi vum Projet ass, fir déi méi kleng Kanner vum Précoce a vum Cycle 1 vun der Primärschoul ze trennen an hannen um Site een neit Gebai mat ugepasste Raim ze bauen. Am Sous-sol ass eng pädagogesch Kichen, eng grouss Bibliothéik an ee Multifunktiounsraum virgesinn, déi gemeinsam vun der Schoul an der Maison Relais solle genotzt ginn.

GEMENG











Déi besteeënd Raim vun der Spillschoul ginn an d'Maison Relais integréiert. Tëscht der Schoul an der Sportshal gëtt de Gank an d'Toiletten ofgerappt an duerch een Neibau ersat. Um Rez-de-chaussée kritt d'Maison Relais weider Säll an um 1. Stack komme Klassesäll dabei. D'Gebai gëtt ënnerkellert, wou d'Toilettë vun der Sportshal hikommen an Ofstellraim fir Schoul a Maison Relais. Ausserdeem gëtt ee Lift agebaut, dee souwuel fir Schoul wei fir Sportshal kann genotzt ginn.

De Projet ass an 2 Etappen opgedeelt, fir datt de Schoulbetrib wärend dem Chantier sou mann ewéi méiglech beaflosst ass. Ugefaang gëtt mat dem Neibau hannen um Site. Den Architekt Romain Hoffmann krut den Optrag, fir ee flotte Projet auszeschaffen, wou Kanner ënner optimale Bedingungen hir Schoulkarriär kënne starten. Dësen nohaltegen Neibau gëtt an enger Holzkonstruktionsbauweis realiséiert an erfëllt d'Energieklass A-A. De Projet soll am Esprit vun der Économie circulaire realiséiert ginn. Ausserdeem gëtt Reewaasser genotzt fir d'Toiletten ze speisen an eng Fotovoltaik-Anlag ass virgesinn. Mat dësem Bau soll am Mee 2021 ugefaange ginn a soll bis Ouschteren 2023 ofgeschloss sinn. An enger zweeter Etapp vun Ouschteren 2023 bis d'Rentrée 2024 soll dann de Bau zwëschent der Schoul an der Sportshal realiséiert ginn.

# Wou si mer dru mat eise Projeten

## Opwäertung vum Park ronderëm de Fussballsterrain

Fir d'Zesummeliewen an d'Integratioun an der Gemeng Useldeng ze färderen a fir d'Liewensqualitéit ze erhéijen, hat de Gemengerot am Februar 2019 d'Decisioun geholl, fir de Park ronderëm de Fussballsterrain méi attraktiv ze gestallten. D'Iddi vum Grillpavillon, deen d'Häerzstéck vun eisem Projet duerstellt, ass datt d'Leit sech treffen an begéine kënnen, ouni Organisatioun a Reservatioun vum Pavillon am Viraus, fir esou nei Leit a Kulturen kennenzeléieren, a fir all Mënsch an eis Gemeinschaft ze integréieren.





Besonnesch d'Famillje sollen d'Méiglechkeet kréien, ee flotten Dag zu Useldeng ze verbréngen, sief et fir gesellег beieneen ze sinn, sech sportlech ze betätegen oder fir sech einfach nëmmen ze entspanen.

Dir kennt profitéiern, fir e puer sportlech Stonnen um Terrain ze verbréngen, sief et fir eng Ronn Tennis ze spillen, fir ee klenge Fussballs- oder Basketballsmatch oder fir eng gemittlech Partie Petanque zur Aperozäit. Déi besteeënd Sportsinfrastrukture wéi den Tennisterrain, den Terrain- Multisport oder d'Petanquepiste si fir jiddereen ouni Reservatioun fräi zougänglech.

Am Laf vun dësem Joer soll nach fir eis Jugend een Beach-Volleyball-Terrain amenagéiert ginn an den Terrain-Multisport soll nach opgewäert ginn.





**Mee opgepasst dat der nit vun eise klenge Piraten iwwerfall gitt!** Fir eis kleng Kanner gëtt nämlech de Moment eng nei "Pirate"-Spillplaz beim Pavillon amenagéiert. Zesumme mat der Seelbunn dierft et hinnen elo hei zu Useldeng nit méi langweileg ginn.

**Am Kader vun der Opléisung vun der ASBL "Aktiv Mammen" hat de Veräin decidéiert, fir sech mat engem Don vun 19.218,64 € un der Finanzéierung vun der Spillplaz ze bedeelegen. Hinne vun hei aus ee grousse Merci fir dëse generéise Geste.**

Nodeems an dem leschte Joer d'Alentoure vum Weier vun eiser Gäertnerekipp a Stand gesat a verschéinert gi sinn, gëtt elo am Mee vun der Firma PROWATEC de Sprangbuer erneiert. Duerno kann ee sech op eise "Chill-Bänken" entspanen an relaxen a sech vum Alldaagsstress erhuelen.



GEMENG

Mam Architekt Romain Hoffmann si mer amgaang d'Suite vum Projet ze plangen. De Projet vum Parc les Merveilles d'Useldange ass an der Ausschaffung.

Mat der AGE a mat de Proprietäre si mer dabäi no engem Tracé ze sichen, fir een Trëppelwee laanscht d'Attert vum Duerfzentrum op de Fussballsterrain ze amenagéieren. Dës Verbindung géif eng immens Opwäertung vun eisem Projet bedeiten. Allgemeng läit de Foussgängerreseau eis um Häerzen. Hei gouf an de leschte Jore scho vill geschafft, a vill Verbindunge goufe realiséiert, esou z.B. d'Verbindunge vum Helpersbierg an den Zentrum an op de Fussballsterrain, d'Verbindung vun der Cité Penzelbaach iwwert d'DEA laanscht den CTU an den Zentrum. Et gouf och eng Konventioun mam Nierenhausen René ënnerschreiwen, soudatt den Trëppelwee vum CTU duerch den Bësch bis bei d'Schoul elo als offizielle Wee däerf benotzt ginn. Vun hei aus nach eng Kéier ee grousse Merci. Am Projet an der Béiwener Strooss vum Fonds de Logement ass et virgesinn, datt eng direkt Verbindung vun der Cité Reebou op de Fussballsterrain amenagéiert gëtt.

Am Kader vum Projet vum PAP Nico Brück um Terrain vun der aler Raiffeisen, deen den Moment an der Ausschaffung ass, soll och een neie Parking fir de Fussballsterrain an de Parc les Merveilles entstoen.

Elo bleiwt eis just ze hoffen, datt geschwënn erëm besser Zäiten ouni Kontaktbeschränkunge kommen, esou datt mer all zesummen nach besser vun all dësen Infrastrukture kënne profitéieren.




**D'Foussgängerbréck zu Iewerleng**

Och zu Iewerleng sollen eis Foussgänger- a Spadséierweeër verbessert ginn. Am Kader vum Lotissement Schweizerhaff gëtt eng direkt Verbindung tëscht der Schandeler Strooss an der Haaptstrooss geschaaft. Fréier gouf et ee Steeg iwwert d'Atert tëscht der Strooss am Eck an der Haaptstrooss. Dës Verbindung soll erëm hiergestallt ginn. Den 18. September 2020 huet de Gemengerot eestëmmeg decidéiert fir eng nei Foussgängerbréck ze bauen.

D'Geneemegung vum Waasserwirtschaftsamt läit vir, an de Moment waarde mer nach op d'Geneemegung vum Environnement. Hei hu mer nach nodréiglech eng Biotop- an Habitatetüd misste realiséieren, wat eis elo am Planning leider e bëssen hannendra geheit huet.

Soubal mer déi néideg Geneemegung hunn, an déi passend Entreprise fonnt hunn, kënnen dës Aarbechten hoffentlech geschwë lassgoen, an nach dëst Joer ofgeschloss ginn.






**Verkéiersreglement an Tempo 30er Zonen**

Eis neit Verkéiersreglement gouf den 18. September 2020 am Gemengerot geneemegt. Ënnert der Opsiicht vum Planungsbüro Andreas Schaller goufe vun eiser Ekipp Schëlder gewiesselt an anerer nei opgestallt, an vun Techniroute déi néideg Marquagen op der Strooss realiséiert.

De 17. Mäerz 2021 gouf zesummen mat der Verkéierskommissioun vum Staat ee Rondgang duerch déi 4 Dierfer gemaach an d'Aarbechten goufen ofgeholl.Den 23. Mäerz 2021 gouf d'Verkéiersreglement offiziell vum Transportminister, an den 31. Mäerz 2021 vum Inneminister geneemegt.

Deemno ass d'Verkéiersreglement elo offiziell a Kraaft.

De Moment lafen nach d'Aarbechte fir eis Zebrasträife PMR-konform ze setzen (mam Abau vun de Blannensteng,













a.s.w.), a fir d'Beliichtung op den Zebrasträifen op den Nationalstroossen ze verbesseren.

An der Béiwener Strooss sollen och nach déi 2 Busarrêten "Spuerkeess" zesummegeluecht ginn. Hei musse mer awer nach op den definitiven Accord vu Ponts et Chaussées waarden.

Sou komme mer lues awer sécher an deem wichtegen Dossier fir d'Sécherheet vun eise Foussgänger virun. Wann d'Infrastrukturaarbechte bis ofgeschloss sinn, kann de Projet "Sécher Schoulwee" och finaliséiert ginn.

Mam Minister François Bausch si mer amgaang no Léisungen ze siche wéi een d'Sécherheet vun de Foussgänger an de Vëlosfuerer an der Areler Strooss kéint verbesseren. Dëst riskéiert awer ee méi schwieregen Dossier ze ginn.




Déplacement d'Arrêt du Bus sur la rue de Boevange N24 à Useldange

# Réunion avec le corps enseignant

## concernant le projet de l'agrandissement et de transformation de l'école fondamentale et de la maison relais à Useldange



Le collège échevinal de la commune d'Useldange a présenté les plans définitifs du projet de l'agrandissement et de transformation de l'école fondamentale et de la maison relais à tous les enseignants.

Le début des travaux a eu lieu début mai 2021.

Notons encore, que le projet a été établi en étroite collaboration avec le comité de l'école et avec la chargée de direction de la maison relais.



# Vereedegung vum Bob Waltzing

De Bob Waltzing huet de 15. Januar 2021, a Presenz vum Buergermeeschter Pollo Bodem, de Schäffen Pierre Da Silva a Christian Frank an dem Gemengesekretär Pit Lang säin Eed als Gemengebeamten no senger bestaanener Formatioun ofgeluecht.

De Buergermeeschter Pollo Bodem huet dem Bob Waltzing dozou häerzlechst felicitéiert an him weiderhi vill Erfolleg an eng gutt Zesummenaarbescht fir d'Zukunft gewënscht.



# Distribution d'Eau des Ardennes

18, rue de Schandel
L-8707 USELDANGE

## Qualité de l'eau potable fournie à la commune d'Useldange 2021 zone I

Pour la localité d'Useldange

***Les valeurs moyennes du contrôle de routine sont:***

| | |
|---|---|
| pH : | 7,6 |
| dureté carbonatée : | 10,7°dH |
| dureté totale : | 14,1°dH |
| conductivité : | 465 µS/cm |
| sodium : | 8,1 mg/L |
| calcium : | 94,9 mg/L |
| chlorures : | 24,8 mg/L |
| sulfates : | 35,3 mg/L |
| nitrates : | 21,7 mg/L |
| fer : | <20 µg/L |
| TOC : | <1 mg/L |

***Informations sur la dureté carbonatée :***

Selon la législation allemande « Wasch- und Reinigungsmittelgesetz 2007 » la dureté est classée comme « mittel ». La DEA ne recommande pas l'installation de station de traitement d'eau potable (décalcification).

***Recommandations pour les matériaux de l'installation :***

Selon l'étude du BWL et conforment aux normes DIN50930-6 et EN 12502 :

L'utilisation des pièces en fer galvanisé ou en acier non-allié n'est pas recommandée.
Tous les autres matériaux courants dans l'installation notamment le cuivre, l'alliage cuivreux, l'acier inoxydable et la fonte ductile peuvent être utilisés sans restriction.

***Informations concernant le chlore libre :***

La DEA effectue une désinfection préventive à base d'hypochlorite de soude. La concentration du chlore libre dépend de la situation locale et démontre une variation importante.

***Informations sur la consommation pour les nourrissons :***

Concernant les nitrates, l'eau fournie par la DEA correspond au RGD (<50 mg/L). Pour les nourrissons (<4 mois) l'ébullition de l'eau avant l'usage est toujours recommandée. Il suffit de faire bouillir l'eau quelques secondes et de la laisser refroidir par la suite.

***Informations supplémentaires :***

Pour toutes informations supplémentaires, veuillez contacter le service de qualité de la DEA.

Useldange, le 28 avril 2021
Communiqué par le service de qualité

# Distribution d'Eau des Ardennes

18, rue de Schandel
L-8707 USELDANGE



## Qualité de l'eau potable fournie à la commune d'Useldange 2021 zone II

Pour les localités: Everlange, Rippweiler et Schandel

***Les valeurs moyennes du contrôle de routine sont:6***

| | |
|---|---|
| pH : | 8,0 |
| dureté carbonatée : | 8,4°dH |
| dureté totale : | 11,8°dH |
| conductivité : | 402,7 µS/cm |
| sodium : | 5,1 mg/L |
| calcium : | 67,1 mg/L |
| chlorures : | 13,3 mg/L |
| sulfates : | 58,1 mg/L |
| nitrates : | 17,9 mg/L |
| fer : | <20 µg/L |
| TOC : | <1 mg/L |

***Informations sur la dureté carbonatée :***

Selon la législation allemande « Wasch- und Reinigungsmittelgesetz 2007 » la dureté est classée comme « mittel ». La DEA ne recommande pas l'installation de station de traitement d'eau potable (décalcification).

***Recommandations pour les matériaux de l'installation :***

Selon l'étude du BWL et conforment aux normes DIN50930-6 et EN 12502 :

L'utilisation des pièces en fer galvanisé ou en acier non-allié n'est pas recommandée.
Tous les autres matériaux courants dans l'installation notamment le cuivre, l'alliage cuivreux, l'acier inoxydable et la fonte ductile peuvent être utilisés sans restriction.

***Informations concernant le chlore libre :***

La DEA effectue une désinfection préventive à base d'hypochlorite de soude. La concentration du chlore libre dépend de la situation locale et démontre une variation importante.

***Informations sur la consommation pour les nourrissons :***

Concernant les nitrates, l'eau fournie par la DEA correspond au RGD (<50 mg/L). Pour les nourrissons (<4 mois) l'ébullition de l'eau avant l'usage est toujours recommandée. Il suffit de faire bouillir l'eau quelques secondes et de la laisser refroidir par la suite.

***Informations supplémentaires :***


Pour toutes informations supplémentaires, veuillez contacter le service de qualité de la DEA.

Useldange, le 28 avril 2021
Communiqué par le service de qualité

# Maison Relais „bei de Fliedermais“

**Palettenprojet**
Eist Team aus der Maison Relais huet d‘Zeit vum Confinement genotzt an eng flott Matchkichen fir d‘Kanner entworf. Fir d‘Ëmsetzung huet den Alain eis eng Hand ugepaakt. E flotte Paletteprojet ass entstaan, fir de Kanner aus der Maison Relais eng Freed ze maachen.






**Ouschteratelier**
Déi Allerklengst aus der M.R. waren an den leschten Deeg ganz fläisseg. Sie hu Muerteféiss entworf, andeems si hir Féiss orange gemoolt hunn...an op de Pabeier gepresst hunn..., a kuckt do et sinn lauter Muerteféiss entstaanen.





**Smoothie**
Aus Uebst, hu mir e leckeren a gesonden Smoothie geschnibbelt an gemixt.







**Wichtelen op Unfroo vun der JSKU**
En Atelier fir d'Kanner alleguer huet doraus bestan, Wichtelen vun alle Formen ze bastelen. Um Kanner-wichtelwee vun der JSKU kënnt dir se bewonneren goen.







**Masken**
D'Cyclen 2-4 hunn hiren Atelier der Situatioun ugepasst, si molen sech an der Pandemiezäit hir eegen Masken.







**Relaxéier-Oas**
Mir hun e Meditatiounseck ageriicht, wou d'Kanner sech kënnen zréckzeien fir ze entspanen, ze relaxéieren, ze liesen oder einfach zur Rouh ze kommen.

GEMENG

# JSKU – aktiv in und für die Gemeinde



Trotz weiterhin starker Beschränkungen in unser aller Leben, versuchen wir von der Jugend- und Sportskommission aktiv für die Gemeinde zu bleiben.

So findet der Tanzkurs auch weiterhin statt. Trotz der Beschränkungen und die dadurch notwendig gewordene Aufteilung in Gruppen, freuen sich die Teilnehmer/innen jede Woche aktiv sein zu können. Als kleines Dankeschön für den Einsatz unserer Tanzlehrerin Vlada Perl-Babicova, die aufgrund der Umstände deutlich mehr Zeit für die Tänzer/innen der Gemeinde aufbringt, gab es vor den Osterferien Blumen und Pralinen.

Geplant ist der Fortgeschrittenen Kurs ab September 2021 – wir halten sie auf dem Laufenden.

Mit der 2. Auflage von *„Useldeng bougéiert“* am Wochenende des 13. & 14. März, konnte die JSKU eine weitere Aktivität für alle Bürger/innen - Groß und Klein - verwirklichen. Wie bereits angekündigt, sollte die 2. Auflage unserer *Tréppeltour* neben der sportlichen, langen Strecke einen extra Weg für Kinder beinhalten. Aus mehreren Ideen wurde der *Wichtelcherswee* entwickelt. Mit viel Einsatz von Julia Haslbauer, den Betreuerinnen und Kindern der Maison Relais, Potty Lotty und vor allem von Alain Denelle und Marco Pavani von der Gemeinde entstand eine interaktive Tréppeltour für Familien mit kleineren Kindern.

Trotz leider wieder eher schlechtem Wetter waren an beiden Tagen viele Menschen rund um die Useldenger Burg unterwegs. Für die 14km lange und gut ausgeschilderte Tour waren ein bisschen Kondition und gutes Schuhwerk nötig. Bei dem 4km langen *Wichtelcherswee* waren Aufmerksamkeit und Ratespaß gefragt.

Wie auch schon bei der 1. Aktion im September 2020 hatten wir von der JSKU wieder einen Fotowettbewerb unter den Teilnehmern veranstaltet. Diesmal wurden deutlich mehr Bilder eingeschickt und die Gewinner mussten ausgelost werden.

Durch die positiven Rückmeldungen ermuntert, wird die JSKU auch eine 3. Auflage von *„Useldeng bougéiert“* veranstalten. Vielleicht dann endlich, wie zu Beginn geplant, mit nettem Beisammensein der Teilnehmer/innen am Pavillon bei Gegrilltem und Getränken. Text: Christel Gottschalk

Text: Christel Gottschalk







GEMENG

# „Wichtelcherswee“ – spontan ist nicht immer schlecht!







Der „Wichtelcherswee“ ist spontan aus der Aktioun „Useldeng bougéiert – bougéier mat“ in der Zusammenarbeit mit der Künstlerin Potty Lotty, der Gemeinde Useldange, privaten Helfer*innen und der Maison Relais entstanden. Die Idee hinter dieser Aktion war es, Natur, Kultur, Sport und Spaß bei jedem Wetter zu verbinden. Innerhalb von zwei Wochen wurden Pfeiler und Schilder aufgestellt, Geschichten gelesen und aufgezeichnet, hunderte Wichtel gebastelt, gemalt und auch schon professionell mit Holz verarbeitet. Auf den zwölf Stationen gibt es seit Anfang März 2021 die Möglichkeit seiner Fantasie mit und ohne begleitenden Geschichten freien Lauf zu lassen, um in die Welt der Wichtel einzutauchen und sie auch aktiv mitzugestalten.

Die Wichtel haben uns geflüstert, dass ihr Lieblingsplatz im Wald zwischen Op der Weidfeld und dem Centre Therapeutique liegt. Die großen und kleinen Wanderer wünschen sich, dass der Wichtelweg mit seinen Geschichten und Stationen dauerhaft stationiert wird, **aber gut Ding braucht auch Weile!**, denn der Weg ist zu schlecht ausgeschildert, ist nicht genügend wetterfest und eventuell sind auch andere Plätze besser geeignet. Aus diesem Grund wird er von den Kultur- und Buergfrënn und der Touristinfo nochmals überarbeitet und findet bald seinen festen Platz in unserer Gemeinde. Villmools Merci an all die motivierten großen und kleinen Leute, die bei diesem schlechten Wetter mitgegangen sind und den „Wichtelcherswee“ lebendig gemacht haben, sagen eure Wichtelcher und die JSKU.

Text: Julia Haslbauer

# Useldange

## Présentation des projets digitaux au ministre Hansen






**La commune d'Useldange,** le Syndicat de Distribution d'Eau des Ardennes et POST ont présenté les projets digitaux entrepris à Useldange à M. le Minsitre Marc Hansen.

Le 22 avril 2021, le ministre délégué à la Digitalisation, Marc Hansen, s'est entretenu par visioconférence avec Pollo Bodem, bourgmestre de la commune d'Useldange, les membres du collège échevinal, ainsi que les représentants du syndicat intercommunal « Distribution d'eau des Ardennes » (DEA) et de POST Technologies. L'objet de la réunion a porté sur les projets numériques de la commune d'Useldange, qui entend se positionner comme « smart Gemeng ».

Ainsi, l'administration communale a entrepris depuis peu le remplacement des compteurs d'eau des foyers de la commune par des compteurs « intelligents » qui captent plusieurs paramètres tels que la qualité de l'eau, la température, la pression et la consommation. Lisibles à distance et en temps réel, ces nouveaux compteurs permettront une gestion aisée, sécurisée et centralisée des données. Les habitants de la commune auront par ailleurs la possibilité de surveiller en temps réel leur consommation d'eau sur le site Internet de la commune. Cette évolution technologique répond au désir du collège échevinal de susciter une prise de conscience des habitants par rapport à leur consommation d'eau et de contribuer ainsi à la préservation de l'environnement.

Le remplacement des compteurs est lié directement à un second projet pour lequel la commune d'Useldange travaille en étroite collaboration avec la DEA et POST. Ce projet intitulé « 5G Smart Water Eislek » concerne la digitalisation et l'automatisation des infrastructures dans le but d'assurer une gestion de l'eau plus efficace grâce, par exemple, à la mise en réseau de machines ou bien l'implémentation de réseaux intelligents. POST assure la connectivité par la 5G et la commune contribue au projet par la collecte en temps réel d'informations de consommation de l'eau de ses habitants. Il est question de développer un système IoT (Internet of Things) avec la communication 5G qui se compose de capteurs (comptage d'eau, pression, température...) et d'une visualisation web pour l'analyse des données. Avec les données collectées, les trois partenaires espèrent, par exemple, réduire d'éventuelles fuites d'eau potable.

Il a également été question de plusieurs autres projets de digitalisation de la commune, dont celui du « smart parking », permettant de rendre compte en temps réel des places de parking disponibles sur le territoire de la commune ou bien un projet concernant l'affichage sur la voie publique d'informations concernant la mobilité.

Le ministre délégué à la Digitalisation, Marc Hansen, s'est réjoui des efforts investis dans la transformation numérique de la commune. Il a également rappelé que la digitalisation n'a de sens que si elle apporte une plus-value aux citoyens. « Les projets de la commune d'Useldange s'inscrivent dans cette logique. Je félicite les responsables communaux pour les projets entrepris et je me réjouis de constater que la transformation numérique prend forme ici, à un niveau local, au plus proche des citoyens. »

# Reouverture vum Bancomat




Rideau métallique ouvert




Rideau métallique fermé

Opgrond vun der Reklamatioun vum Schäffen- a Gemengerot an no intensive Gespréicher têschent dem Buergermeeschter an der Direktioun vun der Spuerkeess, huet d'Bank d'Decisioun geholl, fir de Bancomat an absehbarer Zäit erëm a Betrib ze huelen!

Wéi bekannt, war jo de Bancomat kuerzfristeg zougemaach ginn, well organiséiert Bande verschidden Apparater, och am Norde vum Land, gesprengt haten.

Den aktuelle Bancomat kritt ee Sécherheetsrideau an ass awer têschent 22 a 6 Auer nit accessibel.

Dëst ass emol eng provisoresch Léisung an op méi een sofistikéierten Apparat opgestallt gëtt, ass der Decisioun vun der Bank iwwerlooss!

Dir fannt hei Biller, wéi dat Ganzt herno ausgesäit.



# Relance économique

## La commune d'Useldange soutient le commerce et les établissements HORECA pendant la crise.

Les mesures prises par le Gouvernement dans la lutte contre la pandémie ont connu, un grand impact sur le commerce et les établissements HORECA locaux. La fermeture des magasins a et aura des répercussions négatives sur les bilans des entreprises.

Afin de soutenir les commerces et restaurants, une action de solidarité a été élaborée.

Le conseil communal a donné son feu vert dans sa séance du 30 avril 2021 à cette initiative en votant unanimement une enveloppe budgétaire de 20.000 €

A cette fin, chaque habitant de la commune recevra prochainement un montant de 10€/personne sous forme de la monnaie régionale BEKI à dépenser prioritairement dans notre commune.

Des détails concernant cette action suivront prochainement.

Grâce à cette action, les responsables de la Commune d'Useldange espèrent contribuer à surmonter cette période difficile.

# Ideenwettbewerb für die zukünftige LEADER-Periode 2023-2029

**Um die nächste Programm-Periode bestens vorzubereiten, startet die LEADER-Gruppe Atert-Wark (Kanton Redingen / Gemeinde Mertzig) mit der Vorbereitung der zukünftigen regionalen Entwicklungsstrategie für die Jahre 2023-2029.**




Die 11 Gemeinden haben bereits ihre prinzipielle Zustimmung zur Auflage einer neuen LEADEREntwicklungsstrategie gegeben, so dass wir nun auf breiter Basis, neuartige Ideen für zukünftige Projekte sammeln, welche dann zur Erarbeitung der künftigen regionalen LEADER-Strategie dienen werden.

Themen die sicherlich eine Rolle spielen werden: Schaffung und Erhaltung von ländlichen Arbeitsplätzen, Diversifizierung von landwirtschaftlichen Aktivitäten sowie wirtschaftlicher Aktivitäten im allgemeinen, Nutzung neuer Beschäftigungschancen in der kollaborativen Wirtschaft, Kreislaufwirtschaft, digitalen Wirtschaft, Seniorenwirtschaft, Förderung neuer Wohnformen, gezielte U nterstütz u ng für gefährdete ländliche Bevölkerung (ältere Menschen, Jugend, Frauen, Menschen mit Beeinträchtigung, Minderheiten, Migranten usw.) sowie für Inklusives Unternehmertum, Förderung des sozialen Zusammenhalts, Erhalt der Lebensqualität im ländlichen Raum inkl. Freizeit- und Kulturangeboten, ...

Bei dem Aufbau und der Umsetzung der zukünftigen regionalen LEADER-Strategie wären wir froh, auf Ihre Mitarbeit, in welcher Form auch immer, zählen zu dürfen. Falls Sie Projekt-Ideen zur zukünftigen Entwicklung unserer Region haben, melden Sie sich einfach beim LEADER-Büro und wir werden Ihnen genauere Details zukommen lassen

(Ideen-Formular) resp. finden Sie auf unseren Internet-Seiten www.aw.leader.lu unter „Aktuelles" die nötigen Infos dazu.

Wir würden uns freuen, mit Ihnen zusammen unsere Region voranzubringen. Für Rückfragen stehen wir gerne bereit!



# Concours d'idées pour la nouvelle période LEADER 2023-2029

**Afin de préparer au mieux la prochaine période de programmation, le Graupe LEADER Atert-Wark lance (canton de Redange / commune de Mertzig) se lance dans la préparation de la future strategie de développement régional pour les années 2023-2029.**

Les 11 communes ont déjà donné leur accord de principe a la mise en reuvre d'une nouvelle stratégie de developpement LEADER, de sorte que nous lançons désormais un vaste appel à idées innovantes.

Thèmes qui joueront certainement un rôle: création et maintien d'emplois ruraux, d'iversification des activités agricoles et des activités économiques en général, utilisation de nouvelles opportunités d'emploi dans l'économie col laborative, l'économie circulaire, l'économie numérique, l'économie des seniors, promotion de nouvelles formes de logement , un soutien cible aux populations rurales vulnérables (personnes âgées, jeunes, femmes, personnes avec déficiences, minorités, migrants, etc.) et a l'entrepreneuriat inclusif, la promotion de la cohésion sociale, la preservation de la qualité de vie dans les zones rurales, y compris les offres de loisirs et culturelles, ...

En ce qui concerne l'élaboration et la mise en oeuvre de la future stratégie régionale LEADER, nous nous réjouirions de pouvoir compter sur votre collaboration, quelle qu'elle soit. Si vous avez des idées de projets concernant le développement futur de notre région, mettez-vous tout simplement en contact avec le bureau LEADER. Nous vous ferons parvenir de plus amples détails (formulaire d'idées). Sur nos pages web www.aw.leader.lu vous trouverez également toutes les informations nécessaires sous la rubrique « Actualités ».

Nous serions heureux de faire progresser notre région, ensemble avec vous. Pour toute demande de précisions, nous sommes a votre disposition.



Bureau LEADER Atert-Wark
34, grand-rue
L-8510 Redange
Tel: 23 62 24 90
e-mail: aw@leader.lu www.aw.leader.lu



# Ouschterdag an der Gemeng

Nieft Chrëschtdag ass d'Ouschterfest ee vun deene bedeitendste Feierdeeg a ville Länner vun der Welt. Ouschtere feieren d'Chrëschten d'Operstéiung Jesu vu sengem Doud um Kräiz, sou wéi dëst Evenement am **Neien Testament** beschriwwe gëtt. Urchrëchtlechem Glawe no ass dëst um 3. Dag no sengem Stierwe geschitt, woubäi den Dag vu sengem Muerd als "Doudesdag" gëllt. Eng Schilderung vun der Operstéiung gëtt et net, allerdéngs gëtt et awer Berichter an Erscheinunge vum Operstanenen, säin eidelt Graf an d'Verkënnegung vun engem Engel.

Den Numm "Ouschteren" kënnt warscheinlech aus dem ale Germaneschen an huet eppes mat der Himmelsrichtung "Osten" ze dinn. D'Sonn déi am Osten opgeet gëllt am Chrëschtentum als Symbol vun der Operstéiung respektiv d'Zréckkomme vu Jesus Christus. De Gros vun den Ouschtertraditioune kommen aus heednesche Kulturen an hu e kelteschen oder e germaneschen Ursprong. De sougenannten "Ouschterhues" gëtt zum Schluss vum 17. Joerhonnert, am Joer 1682, fir d'éischt Kéier ernimmt. Et ass net ganz kloer, wat genee den Zesummenhank vum Ouschterhues mat Ouschteren ass, mä am Laf vun der Zäit hu sech den Ouschterhues a seng Ouschtereeër zum Symbol vun Ouschteren entwéckelt.

Quell: Wikipedia



**D'Kanner waren am Duerf d'Ouschtereeër asammelen.**

# Éischt Kommunioun an der Par Atertdall Sainte-Claire



**Useldeng:** An der festlich gerëschter Kierch vun Useldeng hunn e Sonnden, den 11. Abrëll, 12 Kanner aus der Gemeng Useldeng, déi der Par Atertdall Sainte-Claire ugehéieren, hir Éischt Kommunioun empfaangen. De feierliche Gottesdéngscht gouf vum Pater Jean-Jacques Flammang an a Begleedung vum Här Paschtouer Mathieu Janssen zelebréiert a gesanglich verschéinert vun de Kanner selwer , ënnert der Leedung vum Léa Barthelemy a begleet vum Instrumenten- a Gesangensemble. D'Entrée an d'Sortie huet den Organist Carlo Philippe op der Uergel gespillt.

Text/Fotoen: Charles Reiser

DUERFLIEWEN

# Madeleine Nierenhausen-Kremer feiert 90. Wiegenfest



**Useldingen:** Mit 90 Jahren Geburtstag zu feiern, dies bescherte Madeleine Nierenhausen-Kremer im vergangenen Februar, die ihren Lebensabend zusammen mit ihrem Ehegatten René in Useldingen bei guter Gesundheit verbringen kann. Um dieses Ereignis besonders hervorzuheben, ließ Bürgermeister Pollo Bodem es sich nicht nehmen, um die Jubilarin im Namen aller Einwohner aus der Gemeinde Useldingen mit der Überreichung eines schönen Blumenarrangements, zu gratulieren. Dabei hob das Gemeindeoberhaupt das aktive Leben von Madeleine Nierenhausen-Kremer hervor, die am 10. Februar 1931 als älteste Tochter von vier Kindern der Eheleute Jos Kremer aus Steinfort und Anne Wies aus Hagen das Licht der Welt erblickte. Am 24. Juni 1953 wurde Hochzeit gefeiert mit René Nierenhausen aus Useldingen. Aus ihrer Ehe gingen zwei Töchter hervor, die die Nachkommenschaft um zwei Enkelkinder erweiterten. Zusammen mit ihrem Ehemann führten beide während langer Jahre ein Kleidergeschäft in Useldingen, das am 1. August 1994 definitiv aufgelöst wurde, wo sich die Familie dann in ihr Wohnhaus nebenan zum gemeinsamen Lebensabend zurückzog. Pollo Bodem bezeichnete Madeleine Kremer als „grande Dame“ innerhalb der Gemeinde, die stets ganz zurückhaltend ihrem Ehemann nicht nur im Geschäft, sondern auch als aktiver Vereinsmensch treu zur Seite stand. Zu den Gratulanten gehörten neben den Familienangehörigen, auch Romain Kleer, als Vorsitzender des lokalen Syndicat d’Initiative, der seine Glückwünsche mit Blumen zum Ausdruck brachte. Zum Abschluss der sympathischen Feierstunde wünschten alle Anwesenden, dass Madeleine Nierenhausen-Kremer auch nach 90 arbeitsreichen Lebensjahren noch recht viele schöne Momente bei guter Gesundheit mit ihrem Ehemann zusammen verbringen kann.

Text/Fotoen: Charles Reiser

# Irma Mergen-Weimerskirch zählt 90 Lenze





**Everlingen:** Sehr gut gelaunt und bei geistiger Frische konnte Irma Mergen-Weimerskirch aus Everlingen ihr 90. Wiegenfest im März dieses Jahres bei sich zu Hause feiern. Die Jubilarin erblickte das Licht der Welt am 10. März 1931 in Useldingen als älteste Tochter von drei Kindern des Ehepaares Jean Weimerskirch aus Beyren und Elise Lahr aus Useldingen.

Nach dem Besuch der Primärschule folgte ein Jahr Studium in der Haushaltungsschule in Redingen/Attert. Der Ernst des Lebens begann in der Gärtnerei Lahr in Useldingen, wo Irma Weimerskirch während 15 Jahren neben dem alltäglichen Haushalt, ebenfalls die vielen Kunden in der Gärtnerei bediente.


Am 27. Mai 1961 wurde Hochzeit gefeiert mit Fernand Mergen aus Everlingen, wo das Ehepaar dann gemeinsam den landwirtschaftlichen Betrieb bis zum Tode ihres Ehemannes Fernand am 8. Dezember 1986 auch weiterführte. Seitdem geniesst das Geburtstagskind den wohlverdienten Ruhestand.

Für Bürgermeister Pollo Bodem, in Gegenwart seiner beiden Schöffen Pierre Da Silva und Christian Frank, war es eine besondere Ehre, Irma Mergen-Weimerskirch zu ihrem 90. Wiegenfest mit der Überreichung eines Blumenarrangements die allerbesten Glückwünsche seitens der Gemeinde Useldingen überbringen zu dürfen. Dabei hob das Gemeindeoberhaupt das abwechslungsreiche Leben der Jubilarin, verbunden mit viel unermüdlicher Arbeit besonders hervor, die sich ganz jovial und stets im Hintergrund ohne viel Aufwand zu verhalten wusste.

Bereits im Vorfeld stattete Jules Schoujean als Vorsitzender des Seniorforum Gemeng Useldeng einen Besuch mit einem passenden Präsent beim Geburtstagskind ab, um die Gratulationen des lokalen Seniorenvereines zu überbringen, zudem Irma Mergen-Weimerskirch seit den 90er Jahren dem Vorstand angehört. Eine gute Gesundheit und noch weitere zufriedene Jahre dazu, das waren die Wünsche aller Anwesenden anlässlich dieser sympathischen Feierstunde.

Text/Fotoen: Charles Reiser

# Grouss Botzaktioun am Tuerm vun der Useldenger Buerg










De 27. Februar hate mir eis alljäerlech Tuerm-Botz vun der Useldenger Buerg. Wéi all Joer huet den GSA, de Groupe Spéléologique de l'Attert, de ronnen Tuerm vun der Buerg gebotzt, wat e super Erfolleg war. D'Wieder huet och matgespillt. An RTL Télé war och mat derbäi an huet e wonnerbare Reportage vun der Botzaktioun gemaach, a selbstverständlech e super gudden Interview hunn de Buergermeeschter, Bodem Pollo, an de President vum GSA, Klein Patrick, zesummegestallt. Deen Dag hat dem President säi Jong, de Klein Justin, e Baptême. Hien ass déi éischte Kéier am fräie Seel 15 m déif mat an den Tuerm erofgaangen. Dat Geld, wat si aus dem Kessel an um Buedem gebuergen hunn, ass op d'Bank weidergeleet ginn. Ausserdeem hu si nach een Tournevis, Ënnerlee-Scheiwen, eng filipinesch Mënz, eng Schwäizer Mënz, en Hausschlëssel (leider ouni Adress) an e Kannerstiwwelche gebuergen. No der ustrengender Tuermbotz sinn d'Leit mat enger gudder Grillade a Gedrénks am Veräinssall zu Iewerleng verwinnt ginn.

Fir de Club weider um Liewen ze halen, brauche mir nei Memberen. Jonk a jonk gebliwwe Leit gi gesicht, fir eise Veräin an eis Klammekipp ze ënnerstëtzen.

Mat frëndleche Gréiss bedanke sech de President a seng Leit vum G.S.A.

**President: Patrick Klein**
**GSM +352 661 505 5000**
**patklein1960@gmail.com**
**www.speleoteam.lu**

# Duerffrënn Schandel: de Kleeschen zu Schandel

D'Joer 2020 war ee kompliziéiert Joer. Vill Leit hu sech enger neier Situatioun missen upassen. Sou och den Kleeschen, dee probéiert huet, souvill wéi méiglech Kanner ze gesinn, ouni sech awer elo mussen an déi grouss Surfacen ze beginn.

De 5. Dezember ass hien op Schandel komm, dëst fir all Awunner, op Grouss oder Kleng, eng Freed ze maachen. Zesumme mat der Hëllef vum „NELE“, dem Päerd, konnt hien an den Houseker duerch d'Stroosse vu Schandel fueren an de Kanner vun der Kutsch aus zouwénken.

Déi gesetzlech virgeschriwwe Covid-19-Mesurë goufen natierlech alleguer agehalen. An trotzdeem huet den Kleeschen et fäerdegbruecht, an dëse schwéieren Zäiten ee Laachen an d'Gesiichter vun den Awunner ze bréngen. Sou hu mir alleguer ee flotten Nomëtteg verbruecht.

An och am Joer 2021 si weider Aktivitéiten niewent dem Kleeschen zu Schandel geplangt.

Organisatioun: Schandeler Duerffrënn

Text: Cliff Englebert

Foto: Romaine Rollinger & Stephanie Englebert-Berchem





# Pompjeesfrënn Gemeng Useldeng

## E Réckbléck op 2020 aus Siicht vun den Useldenger Jugendpompjeeën

**2020 wor e ganz speziellt Joer an huet och bei de Jugendpompjeeë seng Spueren hannerlooss. Hei ass eng Zesummefaassung vun de Jugendaktivitéite vun den Useldenger Pompjeeë vum leschte Joer.**

### Pre-Corona

D'Joer huet am Fong ganz normal ugefaangen. No der Generalversammlung vun de Pompjeesfrënn sinn déi éischt Übungen ofgehale ginn, bei deenen ënner anerem 1. Hëllef an den Transport vu Patienten um Programm stoung. Wéi och schonn déi viregt Joren, ass et am Februar zesumme mat der Jugendsektioun vun der Musek op d'Beeforter Äispist gaangen. Beim Schandeler Buergbrennen wore mir nach traureg iwwert dat schlecht Wieder, mee dass dat fir eng laang Zäit déi leschten Aktivitéit sollt sinn, wor sech deen Ament nach kee bewosst. Zu deem Zäitpunkt, wou déi nächste Jugendübung hätt solle stattfannen, wor dat ganzt Land schonn am Lockdown ...

### Nom 1. Lockdown

Nodeems Mëtt Juni endlech d'Noriicht koum, dass och d'Jugendpompjeeën nees mat hiren Aktivitéiten ufänken dierfen, stoungen natierlech eng Rei Virbereedungen um Programm. Esou goufen nieft Buffen a Masken all déi néideg Moossnamen ergraff, fir dass d'Übunge sécher kënnen ofgehale ginn. Mat grousser Freed ass et dunn am Juli nees lassgaangen an et konnt och direkt vum gudde Wieder profitéiert ginn.





Normalerweis gëtt an der grousser Vakanz mat den Aktivitéite vun de Jugendpompjeeë pauséiert. Mee well mer grad eréischt aus enger längerer Paus koumen an et souwisou net ugesot wor, grouss an d'Vakanz ze goen, hu mir einfach bis zum Camp mat eisen Aktivitéite weidergemaach.

### Jugendcamp

Eigentlech wor geplangt eise Jugendcamp am Ufank vun der grousser Vakanz ofzehalen. Mee wéi bei sou Villem am leschte Joer, ass et och hei e wéineg aneschters komm a mir hunn e wéineg méi Virbereedungszäit gebraucht. Schlussendlech konnten den 24. August 13 Jugendpompjeeën an den Zelter beim Pompjeesbau hiert Quartéier bezéien. Wéi all Joers woren hei natierlech och nees d'Fuussejuegd als Owesaktivitéit an dat traditionellt Pizzabake mat dobäi.



VERÄINSLIEWEN



Eng Visitt wéi déi leschte Joren oder en Ausfluch an d'Schwemm wore leider net méiglech. Dofir hate mir als Novum e "Pompjeesdag", bei deem de ganzen Dag wéi eng Schicht bei de Beruffspompjeeën opgebaut wor. No der Kontroll vun den Asazween ass et mat Übungen a weideren Aufgaben weidergaangen. Natierlech sinn eis



Jugendpompjeeën am Laf vum Dag och spontan op (méi oder manner) realistesch Asätz geruff ginn, déi si hu misse meeschteren.

Schlussendlech huet de Camp leider missen een Dag méi fréi wéi geplangt ofgesot ginn. Dëst hat ausnamsweis näischt mam Covid ze dinn, mee mat engem Stuerm, deen ausgerechent zur Zäit vun eisem Camp komm ass, an ënner anerem och eent vun eisen Zelter mat ewech gerappt huet.

**Ausfluch an d'Robbesscheier**

All zweet Joer stoung ëmmer en Ausfluch mat der Jugend vun der Musek an d'Phantasialand um Programm. Nodeems deen Ausfluch vun Ufanks un an de Stäre stoung, wor e spéitstens zu deem Zäitpunkt komplett vum Dësch, wou d'Phantasialand decidéiert hat, keng Lëtzebuerger Visiteuren eranzeloossen. Och wann zur Zäit vum Ausfluch am Ufank vum September d'Phantasialand eis nees erageloost hätt, wore mir eis mat de Kolleege vun der Musek schnell eens, dass mir trei dem Motto "Vakanz doheem" hei am Land bleiwe géifen a sinn den 11.09. op Munzen an d'Robbesscheier gefuer.

**Virtuell Fuussejuegd**

Well Enn des Joers den Übungsbetrib nees huet missen agestallt ginn, ass fir d'Chrëschtvakanz eng virtuell Fuussejuegd an d'Liewe geruff ginn. Änlech wéi eng Schnitzeljuegd konnt all Jugendpompjee no enger Rei Hiweiser an deene 4 Dierfer vun der Gemeng sichen, déi op enger Rei markante Plazen verstoppt woren. Och hei hu sech vill Jugendpompjeeën net vun de wanterleche Wiederkonditiounen ofschrecke gelooss a sech op d'Sich no deene 4 Léisungswierder gemaach a konnte sech doropshin iwwert deen een oder anere flotte Kaddo freeën.

Änlech wéi 2020, wäert och 2021 e speziellt Joer ginn, wou kee weess, wat eis genee erwaarde wäert. Allerdéngs setze mir och dëst Joer alles drun, nees eng ganz Rei flott Aktivitéiten op d'Been ze stellen an och fir de Jugendcamp 2021 si schonn déi éischte Virbereedungen um lafen!



# Aktivitéiten Harmonie Useldeng a.s.b.l

Säit der leschter Editioun vum Ripevusch huet sech d'Situatioun ëm an iwwert de Coronavirus leider nach net vill verbessert. An awer huet d'Useldenger Musek et fäerdegbruecht, déi eng oder aner Aktivitéit, am Respekt vun deenen deemolegen sanitären Mesuren, ofzehalen.

**Kiermes Rippweiler**

Den Hämmelsmarsch zu Rippweiler hu mir a klengen Ekippe vu 4 Musikante gespillt. An 3 Ekippe si mir zäitversat duerch Rippweiler gaangen, dobäi war déi 1.Ekipp eleng mat Jugendmusikante besat.

Foto: Max Koster



**Chrëschtspillen an deene 4 Dierfer**

Fir an dëser schwéierer Zäit e bësse Chrëschtdagsstëmmung opkommen ze loossen, hu mir op Hellegowend a Chrëschtdag, e puer Chrëschtdagslidder an deene 4 Dierfer vun der Gemeng gespillt. Och hei si mir a klengen Ekippe mat 4 Musikanten opgetrueden. Virun der Mass huet eng Ekipp vum Buergtuerm aus fir Chrëschtstëmmung gesuergt.

Foto: Tom Olsem



**Generalversammlung online iwwert WebEx.**

Dëst Joer hu mir fir d'éischt an der 125-järeger Geschicht vun eiser Musek d'Generalversammlung online per Visiokonferenz ofgehalen. Fir déi meescht vun deenen iwwert 60 Memberen déi präsent waren, war dëst eng nei Art a Weis fir eng Generalversammlung ofzehalen an awer huet dat, tipptopp geklappt. All néideg Rapporten konnten, ewéi ëmmer, excellent presentéiert ginn, a goufen och akzepteiert. Och eis Gäscht, de Jean-Paul Kinnen vun der UGDA an de Buergermeeschter mat sengem Schäfferot, konnte wéi all Joer, e puer Wierder un eis riichten.

Esou wéi eis Statuten dat virgesinn, war et dëst Joer un der Zäit, d'Hallschent vum Comité nei ze wielen.

D'Monique Heirendt an d'Manon Schanen sinn net méi ugetrueden. Mir soen hinne villmools Merci, fir hier geleeschten Aarbecht am Comité, wou sie vum Heng Steimes a Romain Sclisizzi ersat ginn.

De Comité vun der Useldenger Musik setzt sech dann elo folgendermoossen zesummen:

Präsident: Georges Boudler,
Vice-Präsidenten: Guy Frank & Ben Bourg,
Sekretärin & Responsabel fir d'Jugendaarbecht: Karin Pick,
Keesier: Roland Wald,
Ennerstëtzung bei der Jugendaarbecht: Heng Steimes,
Webmaster: Max Koster,
Bäisetzende: Malou Grasges, Nathalie Heirendt, Joelle Nothum, Romain Sclisizzi.

No der Generalversammlung konnten mir nach e bësse virtuell beieneen sinn, an den Owend gemittlech ausklénge loossen.

VERÄINSLIEWEN

**Jugendaarbecht an der Useldenger Musek**

Fir den Nowues opzebauen, investéiert d'Useldenger Musek vill Aarbecht an d'Jugend. Niewent Prouwen an Optrëtter organiséiere mir och Fräizäitaktivitéite fir eis Jugendmusikanten zesumme mat de Jugendpompjeeën, wéi z.B. Schlittschungfueren oder een Ausfluch an d'Phantasialand oder och an d'Robbesscheier op Munzen.

Wann äert Kand interesséiert ass fir Musek ze maachen, kënnt Dir eis gäre kontaktéieren. Mir ginn Iech eng Äntwert op all Är Froen, a wiere frou, wa mir de Kanner aus eiser Gemeng d'Loscht un der Musek kéinte vermëttelen. (pickkarin@hotmail.com) Weider Informatiounen a Fotoe fannt Dir wéi ëmmer bei eis um Internetsite. Wann Dir Froen iwwer eise Veräin hutt, kënnt Dir eis gäre kontaktéieren.

www.harmonie-useldeng.lu

Text: Gorge Woddler



# Buergbrennen 2021

Den Club des Jeunes Useldeng invitéiert d’Léit normalerweis all Joer op hiert traditionellt Buergbrennen, mee leider huet de Covid-19 eis och hei e Stréch duerch d’Rechnung gemaach.

Och mir Jonk leiden ënnert dësen Aschränkungen, a mir hunn eis gefrot wéi et deene Jonke muss goen, déi an dëser Situatioun och nach musse géint eng schwéier Krankheet kämpfen.

Dofir hu mir dëst Joer decidéiert Buergsamschden den 20. Februar net, wéi déi aner Joren, "mat eiser Buerg duerch Duerf" ze goen, mee just a klenge Gruppe vun Haus zu Haus.

Déi wou wollten, konnten eis ee klengen Don maachen, dee mir am Zesummenhang mam internationale Kannerkriibsdag vum 15. Februar, integral un d'Fondatioun Kriibskrank Kanner gespent hunn!

Dobäi hu mir 2.400 € agesammelt a soe Jidderengem e grousse Merci fir all Don! Mir als Club wollten awer och nach e klenge Geste maachen an hunn de Montant ob 3.000€ opgeronnt.

Eist Motto war dobäi „Hëlleft eis Jonken, anere Jonken ze hëllefen!“



**Fir eis nei Memberen**

Du bass iwwer 16 Joer al, motivéiert nei Leit kennenzeléieren an u flotten Aktivitéiten deelzehuelen? Da bass du bei eis genau richteg! Du an deng Frënn sidd häerzlech wëllkomm mol bei eis laanscht kucken ze kommen oder kommt de 25.06.2021 op eis Generalversammlung. Informatiounen zum Oflaf vun dëser kommen nach no. Bei weidere Froe kanns du eis gären iwwer Facebook, Instagram oder E-Mail schreiwen. Mir freeën eis op dech an hoffentlech bis geschwënn.

**Fir eis fréier Memberen**

2021 hätt de CDJ Useldeng eigentlech seng 50 Joer sollte feieren, mee wéinst dem Covid-19, fält dat leider an d’Waasser. Duerch déi ganz Situatioun ass et schwiereg esou eppes ze organiséieren an dofir hu mir decidéiert déi ganz Feierlechkeeten an d'Joer 2026 ze verleeën. Da feiere mir alt einfach 55 Joer! Fir dat ganzt brauche mir awer d’Ënnerstëtzung vun all de Leit déi emol am CDJ Useldeng waren! Hutt dir nach Fotoen, oder kennt dir nach al Memberen, déi nach Fotoe kéinten hunn? Mir freeën eis iwwert all Fotoen, déi mir zur Verfügung gestallt kréien.

**Facebook: Club des Jeunes Useldeng**
**Instagram: cdj.useldeng**
**E-Mail: cdjuseldeng@gmail.com**

# Castleride-Treff noch immer in Corona-Zeiten

Für unseren Castleride-Treff hat sich die Corona-Pandemie zum Vorteil ausgewirkt. Die aktive Beteiligung an unseren meist einmal pro Woche stattfindenden Touren hat sich erfreulich positiv entwickelt. Dadurch ist auch eine neue Dynamik entstanden, sodass sich unsere Touren nicht nur auf die nähere Umgebung unserer Gemeinde beschränken. Das hat den Nachteil, dass an solchen Tagen die Anfahrt zum Startpunkt mit dem Auto erfolgen muss, aber der Aufwand lohnt sich, da wir so neue interessante Strecken erleben und genießen können. Die Motivation „in der Truppe“ ist so groß, dass selbst bei schlechteren Wetterverhältnissen Touren stattfinden. Die gezeigten Fotos sollen ein paar Eindrücke von unseren Touren vermitteln.

Wer Interesse am Castleride-Treff hat und sich unserer WhatsApp-Gruppe anschließen möchte, kann gern eine E-Mail an thomas.volkening@education.lu senden, mit Angabe der Telefonnummer. Wer jemand kennt, der bereits zur Gruppe gehört, kann sich natürlich auch an diese Person wenden, um neuer Teilnehmer vom Castleride-Treff zu werden. Ich werde ihn dann in unsere WhatsApp-Gruppe aufnehmen. Über die WhatsApp-Gruppe bekommt man dann immer Information, wer wann eine Tour plant oder wann ein Randonnée stattfindet, an dem wir gemeinsam teilnehmen wollen. Die Strecken werden dem Niveau der Teilnehmer entsprechend angepasst!

Castleride-Randonnée 2021:

Der Termin für unseren Castleride-Randonnée steht jetzt definitiv fest: 06/06/2021!

Wir gehen davon aus, dass bis dahin die Durchführung trotz Corona-Restriktionen stattfinden kann. Alle unsere Planungen laufen auf jeden Fall so, dass wir am 06/06/2021 starten können, getreu dem Motto: Die Hoffnung stirbt zuletzt!

Text: Thomas Völkening





VERÄINSLIEWEN

# D'Useldenger Gare am Modell



D'Iddi fir d'Useldenger Gare am Modell ze bauen hat ech, wéi mer am Modelleisebunnsveräin (Modellbunnfrënn Jonglënster / www.mbfj.lu) ee Projet lancéiert hunn, fir eng Anlag no Lëtzebuerger Virbild ze bauen. Well ech zu Useldeng bei Peintures Robin schaffen, war mäi Virbild séier fonnt. Wéi sech erausgestallt huet, hunn och nach aner Veräinskolleege Gefalen un der Atertlinn fonnt, a bauen elo d'Gare vun Äischen a Stengefort no.

D'Atertlinn, also d'Zuchstreck vu Péiteng op Ettelbréck, ass haut gréisstendeels stëllgeluecht. Iwwer wäit Deeler vum fréieren Tracé féiert haut eng Velospist.

Deen éischten Deel vu Péiteng op Stengefort gouf den 1. August 1873 a Betrib geholl. D'Fortsetzung bis op Ettelbréck war de 17. Abrëll 1880 fäerdeg. Op der Streck goufen haaptsächlech Eisenäerz a Kuelen tëschent Lëtzebuerg an dem deemolegen Däitsche Räich transportéiert. De Persouneverkéier war awer ëmmer zimlech wéineg. Wéi kuerz nom 1. Weltkrich d'Stengeforter Schmelz zougemaach huet, war domat och ee vun de wichtegste Clientë fort an de Verkéier ass nach weider zréckgaangen.

Den 2. Weltkrich huet d'Atertstreck relativ gutt iwwerstan. Nëmmen zwou Brécke bei Schieren goufen zerstéiert. 1948 ass de vereinfachten Niewebunnsdingscht agefouert ginn, an domat ass déi fréier Haaptstreck an eng Niewestreck zréckgestuuft ginn.

De Persouneverkéier gouf op der ganzer Streck de 24. September 1967 agestallt. De Gidderverkéier ass vun do un nëmmen nach no Bedarf gefuer. Deen ass dunn och den 19. Mee 1969 definitiv agestallt ginn. Nëmmen d'Neelfabrik zu Bissen gëtt nach ugefuer.

Leider ginn et net vill Fotoe vun der Gare an esou hunn ech du bei der CFL ugefrot, ob si nach eventuell Pläng vun der Gare an hiren Archiven hätten. Well d'Gebaier der CFL awer net méi gehéieren, hu si och keng Pläng méi, bis op eng Microfiche. Den Här Ruppert vun CFL Immo huet mir dunn eng Kopie geschéckt. Unhand vun deem Plang war et mer du méiglech d'Moosse vun de Baussemaueren, de Fënsteren an den Dieren ze ermëttelen.

Entre-temps hat ech dunn och nach Kontakt mam haitege Besëtzer. Hien huet mer d'Erlaabnis ginn, fir um Gebai nach weider Detailer ze fotograféieren an ze moossen. Well hien d'Gare an een Neibau integréiert huet, konnt hie mir och nach eng Kéier di genau Moosse







vun de Mauere ginn. Elo hat ech alles wat ech gebraucht hunn, fir de Modell ze realiséieren.

Als Éischt hunn ech all d'Moossen duerch 87 gedeelt. Dat ass den HO-Moossstaw fir eis Modelleisebunn.

An engem Zeecheprogramm hunn ech dunn déi eenzel Mauerelementer mat de Fënsteren an Diere gezeechent. Mat dësen Zeechnungen huet ee Kolleg mer dunn déi eenzel Deeler aus 2 mm MDF ausgelasert. Ech hunn d'Mauerdeeler esou entworf, dass se sech einfach zesummesetze loossen. An enger zweeter Datei waren d'Hasteng, d'Fënsteren an d'Dieren. Déi goufen am 0,4mm Sperrholz ausgelasert.

Déi eenzel Deeler loosse sech elo wéi ee Bausaz zesummebauen. Am nächste Schrëtt hunn ech d'Hasteng ronderëm d'Ëffnunge gepecht.

D'Fassad hunn ech mat verdënntem Spachtel mat Hëllef vun engem ale Pinsel op d'Maueren opgedroen. Doduerch ass d'Fassad e bësse méi onreegelméisseg. Nom Dréchne gouf d'Fassad mat wäisser Acrylfaarf ugestrach. D'Hasteng hunn ech mat Ocker agefierft, fir se no Sandsteen ausgesinn ze loossen.

Bis dohi war den Zesummebau nach relativ einfach. Déi eigentlech Schwieregkeet kënnt eréischt mat den Detailer.

Déi verschidden Diech sinn alleguer aus Polystyrol-Placken entstanen. Am Modellbunnhandel gëtt et déi mat verschiddene Strukturen. Déi besonnesch Erausfuerderung bei der Useldenger Gare sinn déi verschidden Diech. All Ubau huet een aneren Daach mat engem aneren Neigungswénkel.

D'Fënsteren hunn ech wäiss lackéiert a se du mat engem Spezialcolle op duerchsiichtege Polystyrol gepecht. Déi ginn da ganz zum Schluss vun der Récksäit an déi eenzel Ëffnunge gepecht.

Unhand vun deene puer Fotoen, déi et gëtt, hunn ech du probéiert esouvill Detailer wéi méiglech ze erkennen. Dat goung vun de Kullangen iwwert d'Kamäiner an d'Gelännere bis hin zu de Blummendëppen. D'Paart vum Gidderschapp konnt ech nëmmen erroden, well een déi op kenger Foto richteg gesäit. Aus engem flaache Messengprofill hunn ech d'Schinn nogebaut, esou dass dës Dier sech och opmaache léisst. D'Dier selwer ass och erëm aus Polystyrol mat engem Stéck Messengdrot als Gréff.

Eng weider Erausfuerderung war d'Fassad vun der Nordsäit, déi mat Eternitplacke géint de Ree geschützt sollt ginn. Hei hunn ech Pabeierstràifen, all Zentimeter ageschnidden, fir déi eenzel Placken duerzestellen. Dunn hunn ech all Sträif, eng iwwert déi aner, op d'Mauer gepecht. Nom Dréchnen hunn ech dat wat ze vill war um Bord ofgeschnidden. Een anere Veräinskolleeg huet mer am 3D-Drock d'Ecksteng gemaach. Domat sinn d'Kante vun de Gebaier och verstoppt ginn.

Elo goung et drëm, déi eenzel Gebaier op mengem Anlagemodüll ze placéieren. Ech wollt jo net nëmmen d'Gare als Gebai bauen, mee se sollt och op engem Quai stoën, mat allem wat dozou gehéiert. Op enger Loftopnam aus dem Joer 1958 hunn ech nach méi Elementer entdeckt, déi een op enger Foto vum Buedem aus net gesäit. Den ongeféieren Ofstand vun deenen eenzele Gebaier zoueneen, d'Blummebeeter, d'Hecken an d'Lag vun de Gleiser.

Ier ech d'Gare definitiv op de Quai installéiert hunn, hunn ech se och nach beliicht. LED Luuchte bannen a Miniatur Stroosseluuchten fir baussen um Quai.

D'Vegetatioun, Hecken a Beem, sinn all selwer gebaut , deelweis esouguer aus Naturmaterial.

Niewent der Gare hunn ech och nach de Verluedequai an d'Gleiswo op jeeweils engem separate Modüll gebaut. Déi ganz Gare besteet aus dräi Modüller vu jeeweils 90 cm Längt. Wann et erëm méiglech ass Ausstellungen ze organiséieren, dann wäert meng Gare mat deenen aneren Deeler vun eise Memberen, zu enger grousser Eisebunnsanlag zesummegestallt ginn. Dann ass eise Projet och fir de grousse Publikum ze bewonneren.

Ech wëll op dëser Plaz och den Häre Bob Ruppert vun CFL Immo, den Häre Marcel Wolff, Albert Waltzing a Georges Majerus MERCI soe fir d'Pläng an d'Fotoen, déi si mir bereetwëlleg zur Verfügung gestallt hunn. Ouni hir Mathëllef wier dëse Projet net esou gutt gelongen.

Weider Hannergrënn zum Bau vu mengem Projet kann een op mengem Blog noliesen.

(https://useldange-in-ho.blogspot.com)

Text/Fotoen: Alain Kap





# KlimaTeam Useldeng

## Stop au trafic de transit sur les chemins de Schwebach et Buschdorf

Malheureusement, nous avons dû constater ces dernières années qu'un nombre important d'automobilistes ne respectent pas la réglementation en vigueur sur les chemins ruraux entre Useldange et Schwebach ainsi qu'entre Useldange et Buschdorf, lesquels sont également balisés comme pistes cyclables régionales.

Nous avons enregistré de nombreuses réclamations de la part de nos citoyens, qui en se promenant sur ces chemins ont été exposés à des nuisances, mêmes risques, provoqués par des infractions d'automobilistes.

**Petit rappel du Code de la Route : un signal avec un cercle rouge rempli par du blanc signifie que la circulation est interdite dans les deux sens aux conducteurs de véhicules motorisés à l'exception des riverains ainsi qu'aux utilisateurs représentés sur le panneau rectangulaire en dessus: des machines agricoles, des cyclistes, des patineurs à roulette et des cavaliers.**




Comme commune, il est de notre devoir d'assurer le respect de cette réglementation et surtout la sécurité optimale des utilisateurs autorisés sur ces chemins, parmi lesquels les piétons et cyclistes sont les plus vulnérables. Nous nous voyons donc dans l'obligation de mettre en place des obstacles empêchant le passage des voitures non autorisées sur ces deux chemins ruraux. Ces obstacles seront annoncés et marqués pour éviter toute surprise pour les cyclistes ou piétons.




Les obstacles seront placés début mai à mi-chemin des deux chemins ruraux en question. Les tracteurs et machines agricoles pourront toujours encore passer sans problèmes du fait de leur garde au sol.




L'accès de voiture pour les riverains reste évidemment possible, soit à partir d'Useldange, soit à partir de Buschdorf ou Schwebach.

Nous espérons également qu'avec cette mesure, il y aura moins de déchets sur les champs agricoles longeant ces chemins ruraux. De plus, les marquages suivants sont planifiés afin d'encourager un comportement respectueux et courtois entre les différents utilisateurs :



Les agriculteurs, les communes voisines ainsi que le CGDIS ont été informés déjà de cette mesure.

Nous espérons que celle-ci encouragera également l'utilisation renforcée du vélo non seulement comme activité de loisir, mais également comme moyen de transport au quotidien.

Comme vous l'avez sûrement déjà remarqué, les travaux du Park & Ride à Schwebach avancent bien et s'achèveront cet été. L'arrêt de bus de la *Schweebecherbréck* sera desservi par une fréquence très élevée une fois le nouvel réseau RGTR en place début 2022. Une M-Box sécurisée sera également installée pour un stockage sécurisé des vélos.



**Pétition pour une meilleure sécurité au nouveau Park & Ride à Schwebach**

Bien nombreux étaient ceux d'entre vous qui ont signé la pétition lancée par des familles de Schwebach pour réclamer une meilleure sécurité pour les usagers de bus à l'arrêt *Schweebecherbréck*.

Les familles initiatrices remercient toutes celles et tous ceux d'entre vous qui ont supporté cette pétition.

Après une entrevue avec le ministre de la Mobilité, M. François Bausch, et une autre réunion avec le responsable régional des Ponts & Chaussées M. Ries, il s'ensuit que :

- Seules les lignes régionales vont utiliser l'arrêt sur le site du nouveau P&R, les lignes express en provenance de la ville de Luxembourg vont continuer à s'arrêter du côté du Restaurant.

  La raison pour cette décision prise par le Ministère est pour assurer que les lignes express ne perdent pas de temps en manoeuvrant sur le P&R.

- La demande pour réduire la vitesse sur la N12 au niveau de la Schweebecherbréck à 50 km/h, n'a pas été retenue. Comme il s'agit seulement d'un lieu-dit (Schweebecherbréck) et non pas d'une localité propre, le Code de la Route ne permet pas l'instauration d'une zone 50 km/h.
- Afin de forcer le respect de la vitesse de 70 km/h sur le tronçon en question, le Ministre et les Ponts et Chaussées prévoient de rendre l'île au milieu de la chaussée, utilisée pour le passage piétons, plus imposante en augmentant sa hauteur.
- De plus, la Commune de Saeul va faire une demande pour un radar tronçon (« Streckenradar ») entre le Rond-point Rippweiler et l'entrée de Saeul.

**Virschléi vun der Mobilitéitswoch 2020**

Am Kader vun der Mobilitéitswoch vum leschten Joër, hunn eng Rei Awunner aus eiser Gemeng Virschléi zur Verbesserung vum Vélosnetz erageschéckt. Mir soen all deene villmools Merci fir hieren Input.

All Är Punkte sinn zesumme mat de Gemengeverantwortlechen analyséiert ginn an hei ass den aktuelle Stand:

1. **Propositioun:** Vélossträifen an der Arelerstrooss zu Useldeng (Verlaf vun der Vélospiste PC12) fir eng besser Sécherheet vun de Vélosfuerer

1. **Feedback:** Laut Mobilitéitsministère ass d'Arelerstrooss ze schmuel fir ee 1,5m Vélossträifen op béide Säiten ze markéieren. Dës Contrainte gëllt och fir eng Voie suggestive fir de Vélo. Ee Bréif ass un de Mobilitéits-Minister geschéckt gi, fir eng Léisung ze fannen (Tempo 30,...), dass de Vélo op der ganzer Längt (Am Tremel – Kanoun) sécher ass. Mir hoffen op eng zäitno a positiv Äntwert vum Minister.

2. **Propositioun:** Verbindung fir Vélo / Foussgänger vun Useldeng (Op Weidfeld) op Schandel (cf. Kaart)

2. **Feedback:** D'Gemeng ass a Verhandlunge mat de Propriétaire fir dat feelend Stéck ze erwerben. Wann dësen Akt bis erfollegt ass an di neideg Naturschutz-Geneemegung accordéiert ass, da kann de Wee gebaut ginn

2.




**3. Propositioun:** Markéierten Tour „RIPEVUSCH" – den Tour vun eiser Gemeng um Vëlo

**3. Feedback:** Dës flott Iddi ass zréckbehale ginn a wäert dann ausgeschëldert ginn, wann dat feelend Stéck (cf. N°2) tëschent Schandel an Useldeng gebaut ass.




3.

**4. Propositioun:** Ënnerhalt vum Bëschpad tëschent Useldeng an Iewerleng (ëmgefale Beem, Lächer)

**4. Feedback:** Dëse Bëschwee ass plazeweis duerch ëmgefale Beem behënnert ginn. Vu dass et sech hei ëm Privat-Bësch handelt an d'Besëtzer net reaktiv sinn, wor d'Virgehensweis méi komplizéiert. D'Gemeng huet de Problem awer behuewen an de Wee ass elo rëm fräigeraumt.

**5. Propositioun:** Verbindung : Bunnewee – Vëlospist Richtung Béiwen (schwaarz Linn)




5.

**5. Feedback:** Dës Verbindung géing et erméiglechen fir gréisstendeels d'Haaptstrooss (Rte d'Arlon) um Vëlo z'évitéieren.

De Bunnewee, dee vum Bëschdrëfferwee no Nordosten ofzweigt an an engem gudden Zoustand ass wäert och demnächst ausgeschëldert ginn (gestrichelt schwaarz Linn).

Méi komplizéiert ass et fir weidere Verlaf bis an d'Rue de la Gare ze kommen (gepunktelt Linn). Hei ass d'Gemeng net Propriétaire vun den Terrainen, ass awer ganz interesséiert eng Ëmsetzung heivunner am Kader vun zukünftegen Bau-Projeten unzegoen.

**6. Propositioun:** Feldwee tëschent Iewerleng a Nidderpallen, deen op Useldenger Territoire an engem schlechten Zoustand ass (bloe Krees).

6.



**6. Feedback:** Et gëtt nach gekuckt, ob dëst Stéck soll ausgebaut ginn.Argument derfier :

- zimlech flaach Direktverbindung tëscht Iewerleng a Nidderpallen

Argument dergéingt:

- Ëmwee iwwer PC12 (+/- 1km) ganz akzeptabel

- Risiko, dass et nom Ausbau ee Schläichwee fir presséiert Autosfuerer gëtt

**7. Propositioun:** Eng méi direkt Verbindung vun Useldeng op Miersch

De Klimaschäffe vun der Gemeng (Pierre Da Silva) zesumme mat der Mobilitéitsbeoptragte vum Kanton (Caroline Schmit) hunn Ufanks Mee ee RDV mam Buergermeeschter vun der Gemeng Bissen (David Viaggi) fir zesumme no enger méi direkter Verbindung vun der PC12 op d'PC15 an esou op d'Mierscher Gare ze sichen. Mir wäerten lech am nächste Ripevusch méi kënnen zielen.

D'Verbindung iwwer Brouch (laanscht N8) ass no laange Beméiungen säitens de Gemenge Miersch an Helperknapp schlussendlech wéinst engem Refus vun engem private Bësch-Besëtzer leider net zustane komm.

**8. Propositioun:** Wander-Startpunkt bei der Tourist Info

Et gouf proposéiert fir vun der Tourist Info aus verschidden Tréppeltier auszeweisen an ee Panneau mat den Tier opzeriichten.

Dëst soll zesumme mat den zoustännege Veräiner, der Tourist Info an dem ORT Guttland gekuckt ginn.


Wann Dir heizou nach Ureegungen oder Froen hutt, mellt lech beim Mobilitéitsatelier vum Kanton Réiden:

Caroline Schmit
caroline.schmit@reidener-kanton.lu
T. 26 62 08 01 22


**Hëlleft eis d'Sonnenenergie auszequetschen!**



D'Sonn ass di onerschöpflechst Energiequell, déi et gëtt. An eiser Gemeng ginn et mëttlerweil 101 Häiser / Gebäier, déi dank enger Photovoltaik-Anlag vun dëser Energie profitéieren an zum Stroumproduzent gi sinn!




D'Sonn schéckt all Dag 10.000 x méi Energie op d'Äerd, wéi all d'Mënsche weltwäit deen Dag verbrauchen.



Denkt un d'Bäihëllefe vum Staat a vun eiser Gemeng! Dir kritt:

– 20% vum Invest (hTVA) vum Staat

– A vun Ärer Gemeng: 125% vun de staatleche Subsidien (max. 2.000 €).

CLEVER FUEREN Primme verlängert bis den 31. Mäerz 2022!



| | 11.05.20 - 31.03.21 | 01.04.21 - 31.03.22 |
|---|---|---|
| | 600 € | 600 € |
| | 1.000 € | 1.000 € |
| ≤ 18 kWh/100 km | 8.000 € | 8.000 € |
| > 18 kWh/100 km | 8.000 € | 3.000 € |
| | 8.000 € | 8.000 € |
| | 2.500 € | until 31.12.21 1.500 € |

Fannt all d'Primmen & Konditiounen am Detail op www.cleverfueren.lu

Trouvez toutes les primes et conditions sur www.cleverfueren.lu*

**Maximal Montanten / 50 % vun de Käschten HTVA*

Bei Froen, rufft de Réidener Energieatelier T. 26 62 08 01 un!

**100 % erneierbar Energien zu Lëtzebuerg:**

**Wier dat méiglech? A wa jo, wéi séier?**

Momentan ginn zu Lëtzebuerg deenen aktuellen Zuelen no 9 % vum Stroum aus erneierbaren Energië produzéiert. Wier et méiglech op 100% erneierbar Energie iwwerzegoen?

De Mr Science huet sech d'Fro gestallt, ob mir zu Lëtzebuerg kéinten eisen Energieverbrauch duerch 100% erneierbar Energien decken?

*De Professer Phillip Dale ass e Solarfuerscher vun der Uni Lëtzebuerg. Laut sënge Berechnunge goufen am Joër 2019 zu Lëtzebuerg 9 % vum elektresche Stroum aus erneierbaren Energië produzéiert. Mee den elektresche Stroum ass nëmmen ee klengen Deel vun der Energie déi mer consomméieren. Eis ganz Mobilitéit an d'Heizung – dat brauch enorm Energie, an alles wat mer akafen: Kleeder, Liewensmëttel, Geräter muss jo alles mat Energie produzéiert ginn. Mir verbrauchen also vill méi Energie wéi mer op den éischte Bléck mengen.*

DE GRÉNGEN ECK



Ass et iwwerhaapt méiglech vu 9% op 100% ze kommen?

Reng theoretesch jo. Et géif iwwer 2 Methoden goen: iwwer de massiven Ausbau vun Infrastruktur an e vill méi energiespuersame Liewensstil. Mee an der Praxis ass dat schwéier emzesetzen. Mir sinn e klengt Land, hunn also wéineg Fläch zur Verfügung, a mir hu gläichzäiteg eeben e verhältnisméisseg héijen Energieverbrauch, wou en plus d'Frontalieren an de reegen Austausch mat de Grenzregioune mat agerechent gëtt.

OK wéi vill Energie verbrauche mer dann aktuell sou?

All Lëtzebuerger verbraucht laut Phillip Dale am Schnëtt pro Dag 204 kWh Energie.

Mat där Zuel kënnen déi mannsten eppes ufänken ...

Jo dat ass déi Energie déi eng staark 100 W Bier brauch wann een se wärend 3 Méint konstant brenne léisst. Oder wann een 1400 km mat engem Elektroauto fiert. En Duerchschnëttseuropäer brauch iwwregens manner wéi d'Hallschent vum Duerchschnëttslëtzebuerger.

A wéi kéinte mer déi Energie an Zukunft nohalteg produzéieren?

De Phillip Dale fokusséiert sech a sengem Virtrag op Solar a Wand, dat sinn déi Energien déi mer zu Lëtzebuerg am einfachsten ausbaue kéinten. Hei rechent hien mat Flächeverbrauch. Mir kennen d'Moyennë wéi vill Sonn zu Lëtzebuerg schéngt a wéi vill Wand bléist, an aus dësen Donnéeë weess een datt mir mat der Gesamtfläche vu Lëtzebuerg theoretesch 11 mol eisen aktuelle Verbrauch decke kéinten.

Mee da géif Lëtzebuerg jo just nach aus Solarzellen a Wandrieder bestoen... wéi vill Fläch bräichte mer dann, wa mer den aktuelle Verbrauch mat 100% erneierbarer Energie wéilten decken?

Deen Ament bréichte mer laut dem Phillip Dale 9 % vun der Fläch vu ganz Lëtzebuerg, an dat ass vill wann ee bedenkt datt Diecher vun Haiser a Gebaier zesummegerechent knapp 2 % vun der Fläch vu Lëtzebuerg ausmaachen. Et ass also zimmlech illusoresch datt mer eise komplette Verbrauch kënnen decken mat erneierbarer Energie nëmme vu Lëtzebuerg. Wa mer eise Verbrauch awer géife reduzéieren op dee vun engem Duerchschnëttseuropäer bräichte mer „just“ nach 4% vun der Fläch vu Lëtzebuerg.

Dat ass ëmmer nach erschreckend vill Plaz déi ee brauch, mee huele mer un d'Plaz wier do: Wéini kéint een dann déi 4 % Flächendeckung erreechen?

Aktuell baut d'Regierung déi erneierbar Energië aus, a wa mer déi Vitesse géife bäibehalen, da bräichte mer laut dem Phillip Dale bis no 2100. Wéi gesot, sous condition datt mir eise Konsum bis op den europäeschen Duerchschnëtt reduzéieren, also méi wéi d'Hallschent.

Ma an der Tëschenzäit gëtt no innovative Léisunge gesicht, fir méi Fläche fir Solar a Wandenergie benotzbar ze maache – an et sinn Equippe wéi déi vum Phillip Dale déi dorunner fuerschen. z.B. fir duerchsiichteg Solarzellen a Fënsterfronten anzebauen. Do bleift d'Fuerschung jiddefalls spannend.

*Auteur: Joseph Rodesch (FNR)*
*Editeur: Michèle Weber (FNR), Jean-Paul Bertemes (FNR)*
*Merci: Prof Dr Phil Dale*

Mat der fréndlecher Geneemegung vun FNR.

Solar- a Wandenergie, dat sinn déi Energien déi mer zu Lëtzebuerg am einfachsten ausbauen kéinten. ©Pixabay




# News

## Är Wäschmaschinn funktionéiert net méi? Déi kann nach gefléckt ginn oder musst Dir ieren eng nei kafen?

› **Da profitéiert vun enger Primm vun 100 € op ärem neie Gerät an och elo ganz nei: eng Primm bis zu 100 € op der Reparatur vun engem A+++ Gerät***

| | |
|---|---|
| **Frigo, Tiefkühler, Kombigerät** A+++ | |
| **100 €** (neit Gerät) | |
| **bis zu 100 €** (max 50% vun der Reparatur) | |
| **Wäschmaschinn** A+++ | |
| **100 €** (neit Gerät) | |
| **bis zu 100 €** (max 50% vun der Reparatur) | |
| **Trockner** A+++ | |
| **100 €** (neit Gerät) | |
| **bis zu 100 €** (max 50% vun der Reparatur) | |
| **Spullmaschinn** A+++ | |
| **100 €** (neit Gerät) | |
| **bis zu 100 €** (max 50% vun der Reparatur) | |



### Bedingungen

- Nëmme fir Awunner aus dem Réidener Kanton
- Fir A+++ Geräter
- All aalt Gerät musst entsuergt ginn (Gemeng, Sidec, Elektriker)
- Prime kann pro Gerät eemol all 10 Joer ugefrot ginn
- Rechnung däerf net méi aal wéi 1 Joer aal sinn

* De Formulaire an déi genau Konditioune fannt Dir op eisem Site www.energieatelier.lu

**INFOLINE**
**26 62 16 48**
primes@energieatelier.lu

Den Energieatelier, e Service vum Réidener Kanton

energie atelier

KlimaPakt meng Gemeng engagéiert sech

Find us on Facebook

www.energieatelier.lu

SCOUTING IN LUXEMBOURG

fnel scouts & guides

Lëtzebuerg den 19te Februar 2021

## Communiqué de Presse

***"Scouting in Luxembourg erhält den europäischen Bürgerpreis - Eine Auszeichnung für besondere Leistungen"*** [1]

"Community Involvement" – gehéiert als 8ten Bausteen vun der Scoutsméthode zu de Kär-Valeuren vum Scoutismus. Zanter iwwer 100 Joer mëttlerweil sinn et ëmmer erëm d'Scouten gewiescht déi sech benevole do engagéiert hunn wou d'Hëllef am néidegsten war – och zu Lëtzebuerg.

Mat „All Dag eng BA", engem zentralen Punkt vum Scoutsgesetz; war och séier d'Motto fonnt ënnert deem eis Engagement an der COVID-19 Kris lafe sollt.

Ugangs der COVID-19 Kris ass den 15ten Mäerz fir d'éischte Kéier de Lockdown ausgeruff ginn. Et war also wéineg iwwerraschend, datt den Dag drop d'FNEL an d'LGS sech spontan bereet erklärt hunn fir deene vulnerabelsten Matmënschen an eiser Gesellschaft ënnert d'Äerm ze gräifen.

Bis déif an de Juni eran sinn dagdeeglech jonk (a manner jonk) Scouten am Déngscht vun der Gesellschaft ënnerwee gewiescht sief et fir akafen ze goen, de Mupp erauszebréngen oder d'Commande aus der Apdikt sichen ze goen. Esou sinn am Ganzen wärend deene bal 4 Méint iwwert 900 Scouten benevole fir 6.300 Opträg ënnerwee gewiescht! Ganz dovun ofgesinn datt en als Scout an deem Fall fir verschidde Leit deen Eenzege war fir e puer Wuert lass ze ginn oder einfach emol no ze lauschteren wéi et deem Anere geet.

Domat war awer nach net Schluss, nieft dagdeeglechen Aktivitéiten déi eis Scouten doheem konnten nomaachen (#HomeScouting), hu mer dono och nach d'Koordinatioun vun der éischter grouss ugeluechter Distributioun vu selwergebitzten Masken iwwerholl (#Bitzdoheem). Och do koumen um Enn iwwert 40.000 Masken zesummen déi un karitativ sozial Ariichtungen zu Lëtzebuerg verdeelt gi sinn.

[1] Pressemitteilung - Bureau de liaison du Parlement européen au Luxembourg



SCOUTING IN LUXEMBOURG

fnel scouts & guides

Fir dëst Engagement mam Europäesche Biergerpräis 2020 ausgezeechent ze ginn, freet eis natierlech ganz besonnesch a mir sinn dankbar fir déi Unerkennung – et war awer net mam Ausbléck op eng Auszeechnung woufir mer eis engagéiert hunn. E grousse Merci fir dëse besonneschen Präis geet dohier un d'Europaparlament. Och wann et fir eis quasi eng Selbstverständlechkeet war am Moment vun der Kris fir déi Schwächsten an eiser Gesellschaft do ze sinn, ass et wonnerschéine Merite.

Eise Merci gëllt awer virun allem all eise jonke Scouten a Guiden zu Lëtzebuerg, déi sech, ouni et groussaarteg a Fro ze stellen dëser Erausfuerderung gestallt hunn an se mat Bravour duerchgezunn hunn, an dat wéi ëmmer: benevole.

M-E-R-C-I – dir hutt iech et méi wéi verdéngt!

Raoul WIRION
Président

Marc WEIS
Vice-Président

Scouting in Luxembourg a.s.b.l., anciennement « Luxembourg Boy Scout Association »
membre-fondateur de l'Organisation Mondiale du Mouvement Scout
61a rue de Trèves L-2630 Luxembourg www.scout.lu
SCOUTS



# Aktioun Kannerwonschbam 2020
# VILL FREED SCHENKEN




Réiden/Atert: D'Leit aus den 10 Gemenge vum Kanton Réiden hunn och am Joer 2020 erëm e grousst Häerz bewisen a matgemaach bei der 5. Aktioun vum Kannerwonschbam.

De Club Soroptimist Mosaïk huet dës Solidaritéitsaktioun viru Chrëschtdag gestart, zesumme mat dem Office Social (OSCARE) an dem Syndikat vun den 10 Gemengen aus dem Réidener Kanton.

Doduerch dass d'Leit e Kaddo kaaft oder en Don gemaach hunn, hat d'Aktioun Kannerwonschbam och dëst Joer e grousse Succès.

Ronn 130 Kanner hunn hire Wonsch erfëllt kritt a konnten esou hire Kaddo viru Chrëschtdag am Office Social zu Réiden ofhuelen.

VILLMOOLS MERCI!

# Pakt vum Zesummeliewen

De 22te Abrëll 2021 hunn déi 10 Member-Gemenge vum Gemengesyndikat Kanton Réiden zesumme mat der Gemeng Mäerzeg de "Pakt vum Zesummeliewen“ mat der Familljeminister Corinne Cahen ënnerschriwwen.

Duerch déi Ënnerschrëft maache mir elo Schrëtt a Richtung Professionaliséierung, andeems mir en/eng Integratiouns-Beroder(in) astellen deen di fräiwëlleg Membere vun den Integratiounskommissioune bei der Ëmsetzung vu flotte Projeten ënnerstëtzen, an duerch déi di ganz Regioun profitéiere kann. Mam Departement Integratioun vum Familljeministère, den Associatiounen ASTI a CEFIS an den neien Integratiounsbeoptraagte stinn eis och wichteg Partner zur Säit.



AM KANTON


VISITATERTWARK
FOTOSCONCOURS
Är schéinsten Fréijoers-Fotoen
Schéckt eis Är schéinsten Fréijoers-Fotoen aus der Regioun Atert-Wark a gewannt
een Dag Locatioun vun 2 Pedelec E-Bikes mat engem Picknick fir 2 Persounen
Déi 3 schéinsten Fotoen ginn bei eis an der TouristInfo Atert-Wark als Postkaart verkaaft
Schéckt eis Är Fotoen bis den 30.05.2021 op info@visitatertwark.lu
***Mat der Participatioun um Concours, iwwerdrot Dir eis d'Rechter Är Fotoen fir Marketings- a Publikatiounsmoossnamen ze notzen***
www.visitatertwark.lu


Pedelec E-bike
PROFITÉIERT VUN EISEM REGIONALE VËLOSNETZ A LOUNT IECH EEN E-BIKE!
JUNI-SEPTEMBER
24€ Dag
TouristInfo Atert-Wark
1, am Millenhaff - Useldeng
+352 23 63 00 51 28
info@visitatertwark.lu
Méindes - Freides: 10h-12h & 13h-17h
Juli-August: All Dag vun 10h-12 & 13h-17h

# Beandrockend Installatiounsfeier vum Pater Jean-Jacques Flammang



Zesumme mat enger Rei vu Geeschtlichen ass de Pater Jean-Jacques Flammang als neie Paschtouer installéiert ginn

Réiden/ Attert: Am Kader vun enger beandrockender Feier, e Sonnden, den 3. Januar, an der Kierch vu Réiden/Atert, ass de Pater Jean-Jacques Flammang offiziell als neie Paschtouer vun de Paren Atertdall Sainte-Claire a Rammerich Saint-Valentin installéiert ginn.

No de Wëllkommensgréiss vum President vum CGP, Misch Lallemand, huet d'Christine Lallemand dem neie Geeschtlechen de Schlëssel vun der Kierch iwwerreecht. Am Ufank vun der Feier, déi zesumme mat enger Rei Geeschtleschen a Patere vum Uerde Sacré-Coeur Clairefontaine, Gemengevertrieder a Parleit zelebréiert gouf, ass den Deche Félix Steichen a senger Laudatio op d'Liewe vum Pater Flammang agaangen, deen 1956 zu Lamadeleine op d'Welt komm ass. Op der kathoulescher Universitéit zu Louvain huet hie Philosophie an Theologie studéiert. Nom Depart vum Koordinator Gérard Kieffer an dem Katechet Carlo Philippe, deen elo a Pensioun geet, ginn déi zwou Paren an Zukunft vun de Geeschtleche Jean-Jacques Flammang als curé-modérateur a Vincent Billot curé-subsdiaire souwéi de Paschtéier Mathieu Janssen a Marcel Grethen geleet.

Pastoralmataarbechterin bleift weiderhin d'Madamm Joke de Kroon a Sekretärin d'Madamm Michèle Asseray. Nodeems datt de Pater Jean-Jacques Flammang sech bei allen, fir déi schéin Installatiounsfeier bedankt huet, war séi Wonsch och an Zukunft, zesumme mat allen zoustännigen Autoritéiten, fräiwëllige Mataarbechter an alle Leit aus de Paren, an enger gudder chrëschtlecher Gemeinschaft zesummenzeliewen. Musikalisch a gesanglich gouf dës Feier vum lokale Gesangsveräi mam Organist Carlo Philippe verschéinert.

Text/Fotoen: Charles Reiser

# Par ATERTDALL - Sainte CLAIRE

**Kierchen:**
Beckerich, Bettborn, Buschrodt, Colpach, Dellen, Ell, Elvange, Everlange, Grevels, Grosbous, Heispelt, Huttange, Kahlenberg, Kuborn, Lannen, Levelange, Michelbouch, Nagem, Niederpallen, Noerdange, Oberpallen, Ospern, Petit-Nobressart, Redange, Reichlange, Rindschleiden, Rippweiler, Roodt, Schandel, Schweich, Useldange, Vichten, Wahl

**Gemengen:**
Biekerech, Ell, Groussbus, Réiden, Préizerdaul, Useldeng, Vichten, Wahl

**CENTRE PAROISSIAL:** Tél.: 23 62 10 53 Adresse: 40, Grand'rue L- 8510 Redange-Attert
E-Mail: atertdall@cathol.lu Site: https://cathol.lu/atertdall

**NEI Kontosnummer: BCEELULL LU57 0019 5055 9545 4000 / Kierchefong – Par Atertdall**

**ÉQUIPE PASTORALE:** Père Jean-Jacques FLAMMANG SCJ, curé-modérateur
Père Mathieu JANSSEN M.O., curé
Abbé Vincent BILLOT, subsidiaire
Joke de KROON, c. pastorale & catéchète Tel. 691 497 273 joke.dekroon@cathol.lu
Michèle ASSERAY, secrétaire Tel. 23 62 10 53 / atertdall@cathol.lu

**MASSBESTELLUNGEN / COMMANDE DE MESSES:** Tel: 23 62 10 53 / atertdall@cathol.lu

**KRANKEN- & ALTENPASTORAL / PASTORALE DES MALADES & PERSONNES AGÉES:**
Marie-Claire Rasqué tél. 23 62 07 20 / 621 618 855

**NOUT-TELEFON > Equipe vun der BEGRIEFNISPASTORAL Tel. 621 686 102**
**TÉLÉPHONE D'URGENCE > EQUIPE DES FUNÉRAILLES tél. 621 686 102**

---

## „Fratelli tutti" –
## e neien Aarbechtsgrupp an der Par Atertdall Sainte-Claire




Eng grouss Par wéi d'Par Atertdall Sainte-Claire, zu där nieft 7 aner Gemengen och Gemeng Useldeng gehéiert, ass och lieweg duerch hier Aarbechtsgruppen. Esou ass no Ouschteren eng nei Equipe gegrënnt ginn, mat dem Numm „Fratelli tutti - Tous frères". De Numm vun dësem neien Aarbechtsgrupp geet op dem Poopst Franziskus seng rezent Enzyklika zeréck, déi hien fir d'Fest vum hellege Franziskus, den 3. Oktober 2020, zu Assisi ënnerschriwwen a verëffentlecht huet. Et ass e groussen Text, deen sech mat den sozialen Froen vun haut ausenernanersetzt, an deen eis iwwert den enken Horizont vun eiser eegener Situatioun ewechkucke léisst, eben op déi aner hin: déi aner hei bei eis, mat deene mer net direkt a Kontakt sinn, an déi aner méi wäit ewech, an anere Länner, op anere Kontinenten.

Déi nei Equipe „Fratelli tutti" huet sech als Zil gesat, ronderëm sech ze kucken, sozial, wirtschaftlech, politesch a kulturell Froen unzegoen, an och Hëllefs-organisatiounen a karitativ Wierker ze ënnerstëtzen.

Iwwert de Frère Joseph vu Clairefontaine hu mer direkt Bezéiung mat enger ganz aarmer Géigend a Madagaskar, wou d'Leit an den Dréchenzäiten vill duerch Mangel un Waasser leiden. De Projet, dee mer do ënnerstëtzen, erméiglecht et elo, eng Rei Dierfer mat Waasser ze versuergen. D'Leit brauchen dann net méi sech deeglaang op de Wee ze maachen, fir Waasser ze fannen. Si kënnen hier Felder uplanzen an Nahrung fir sech a fir hier Béischten kréien, déi si dann net mussen ënnert dem Präis verkafen. Mat wéineg Hëllef kann ee vill erreechen. Mir stellen eis bewosst géint de Sproch : « Eng Drëps op e waarme Steen ». Fir di Leit, déi gehollef kréien, ass et net eng Drëps, mee et betrëfft hiert Iwwerliewen.

An der Equipe „Fratelli tutti" ass et eis och wichteg, datt mer méi opmierksam ginn, op d'Ännerungen an eisem eegene Land, wou mer Mënschen aus Krichsgebidder opgeholl hunn. Et gëtt awer och bei eis ëmmer méi Leit, déi net genuch hunn, fir ze liewen. Mir wëllen mat kompetente Leit kucken, wat mer do als Par kënnen bäidroen.

* * *

La paroisse Atertdall Sainte-Claire a fondé une nouvelle équipe « Fratelli tutti ». Cette équipe s'est donné comme objectif d'étudier les questions sociales et de soutenir les œuvres d'entraide caritatives. Toute personne intéressée à faire partie de ce groupe peut me contacter : jjf@scj.lu ou 661 746 852

*P. Jean-Jacques Flammang scj, curé-modérateur de la paroisse Atertdall Sainte-Claire*

SERVICE

# Je love solidaire !

## Gestion locative sociale

Votre collaboration avec HausCaRe, un partenaire conventionné avec le Ministère du Logement, n'est pas seulement un acte de solidarité, mais vous offre également de nombreux avantages :

### LOYER GARANTI

En signant le bail avec un partenaire conventionné, le payement du loyer est garanti sans faute tous les mois, même en cas de non-occupation.

### EXONÉRATION D'IMPÔTS

En tant que propriétaire, vous profitez d'une exonération fiscale de 50% sur les revenus locatifs (Réforme fiscale 2017 - Art. 115/22a), compensant substantiellement le fait de louer votre bien environ 30 à 40% moins cher que sur le marché privé.

### ENCADREMENT DE L'OCCUPANT

L'occupant du bien est encadré par une équipe de professionnels du domaine social, qui l'accompagne tout au long de la durée du contrat et qui intervient en cas de besoin.

### DISPONIBILITÉ DE VOTRE BIEN

Votre bien reste disponible pour vous et votre famille. En cas de besoin personnel, vous récupérez votre bien rapidement. Les occupants de votre bien seront relogés par les soins du partenaire.

### ENTRETIEN DE VOTRE BIEN

Les partenaires conventionnés disposent d'équipes techniques, ce qui permet d'assurer le contrôle et les menus travaux d'entretien de votre bien.

## VOUS AVEZ DES QUESTIONS ?

**Contactez HausCaRe**

Mahowald Monique . T 621 887 941
monique.mahowald@reidener-kanton.lu

HausCaRe . Infostuff . 43, Grand-Rue . L-8510 Redange . Lundi-Vendredi 9-13h

Un projet du syndicat intercommunal « De Réidener Kanton » avec ses communes membres.

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement

# Ich vermiete solidarisch!

## Gestion locative sociale

Ihre Zusammenarbeit mit HausCaRe, einem vom Ministerium für Wohnungsbau anerkannten Vertragspartner, ist nicht nur ein Akt der Solidarität, sondern bietet Ihnen auch zahlreiche Vorteile:

### GARANTIERTE MIETEINNAHMEN

Durch die Unterzeichnung eines Mietvertrags mit HausCaRe ist die monatliche Bezahlung der Miete garantiert, auch im Fall eines Leerstands.

### STEUERBEFREIUNG

Als Eigentümer kommen Sie in den Genuss einer Steuerbefreiung von 50% Ihrer Mieteinnahmen (Steuerreform 2017 - Art. 115/22a), die substanziell den Umstand ausgleicht, dass Sie 30 bis 40% günstiger vermieten als auf dem privaten Wohnungsmarkt.

### BEGLEITUNG DES BEWOHNERS

Der Bewohner wird während der gesamten Laufzeit des Mietvertrags von einem Team aus Fachkräften des Sozialbüros des Redinger Kantons begleitet, das bei Bedarf konkret eingreift.

### VERFÜGBARKEIT IHRES OBJEKTS

Ihr Mietobjekt bleibt für Sie und Ihre Familie verfügbar. Im Fall des Eigenbedarfs erhalten Sie Ihr Objekt bei Fälligkeit des Vertrages zurück. Die Bewohner Ihres Objekts werden vom Mieter in einer anderen Wohnung untergebracht.

### INSTANDHALTUNG IHRER WOHNUNG

HausCaRe kümmert sich um die Instandhaltung der Wohnung und übernimmt die Ausführung kleinerer Arbeiten.

ART & WISE

## SIE HABEN FRAGEN?

**Wenden Sie sich an HausCaRe**

Mahowald Monique . T 621 887 941
monique.mahowald@reidener-kanton.lu

HausCaRe . Infostuff . 43, Grand-Rue . L-8510 Redingen . Montags bis Freitags 9-13 Uhr

Ein Projekt des interkommunalen Syndikats „De Réidener Kanton" und ihrer Mitgliedsgemeinden.



Erzielt eis Är Geschicht!
Am Kontext vum Geschichtsprojet «WARLUX» iwwert den Zweete Weltkrich, sicht d'Universitéit Lëtzebuerg no Dokumenter, Bréiwer, Postkaarten, Tagebicher, Fotoen,… iwwert d'**zwangsrekrutéiert Jongen a Meedercher an hier Familljen**.
Sidd Dir tëschent 1920 an 1927 gebuer? Waart Dir am **RAD**, am **Kriegshilfsdienst**, an der **Wehrmacht**, **Refractaire** oder gouft Dir **fräigestallt**? Oder kennt Dir eng Persoun (Familljemembere, Frënn,…) mat sou engem Schicksal?
Wa jo, da géif d'WARLUX-Team sech freeën vun Iech ze héieren a mat Iech ze schwätzen.
Mellt Iech w.e.g. iwwer
**Telefon: + 352 46 66 44 9575**
**Fax: +352 46 66 44 36702**
**E-Mail: warlux@uni.lu**
Méi Informatioune fannt Dir op http://www.c2dh.uni.lu/de/projects/warlux
Merci ir Är Participatioun,
d'WARLUX-Team.
uni.lu UNIVERSITÉ DU LUXEMBOURG
C²DH LUXEMBOURG CENTRE FOR CONTEMPORARY AND DIGITAL HISTORY
Fonds National de la Recherche Luxembourg




Wëlls du och Musik machen?
Aschreiwungen
Ab 1. Juni 2021
Info'en a Video'en:
www.emcr.lu
EMKR
Museksschoul Kanton Réiden
ECOLE DE MUSIQUE DU CANTON DE REDANGE


VTT
RANDONNÉE
À USELDANGE
CASTLE RIDE
USELDENG
Biken
mit Leidenschaft
www.castleride.lu
06.06.2021
35 - 45 - 55 km
12 km parcours pour toute la famille
praticable pour cyclistes, joggeurs et nordicwalkers
→ Départ: 8⁰⁰ - 10⁰⁰ h Terrain FC Jeunesse Useldeng
Parkings | ravi | grillades
Organisateurs: FC Jeunesse Useldange


29. Juli - 9. September
Visitt Guideeën op der Buerg
Treffpunkt am Millenhaff
8€/Persoun
Info & Umeldung :
info@visitguttland.lu
www.visitguttland.lu
BUERG USELDENG
29. Juli
5.,12.,19.,26. August
2., 9. September
Visitt by night
20h00-21h30
Klassesch Visitt mat
Sonnenënnergang um Donjon
6. August
Special Visitt
21h00-23h30
Wärend bësse méi wéi 2 Stonnen,
erlieft dir d'Buerg vun enger anerer
Säit. De Guide hellt iech mat op
eng Rees voller Iwwerraschungen,
wou dir net nëmmen Seegen
erzielt kritt mee och nach di eng
oder aner geheim Platz vun der
Buerg wäert entdecken.

AGENDA

# MEE

30.05. | SONNDEG

**KIERMES HÄMMELSMARSCH**
> SCHANDEL
Harmonie Useldeng

# JUNI

05.06. | SAMSCHDEG

**MAMMENDAG**
> USELDENG
Gaart an Heem

22.06. | DËNSCHDEG

**VIROWEND – NATIONALFEIERDAG**

23.06. | METTWOCH

NATIONALFEIERDAG



# JULI

10.07. | SAMSCHDEG

**OPEN AIR CONCERT**
> USELDENG
Harmonie Useldeng

14.07. | METTWOCH

**GENERALVERSAMMLUNG**
> IEWERLENG, CHÂTEAU
Amis du prieuré Useldange

18.07. | SONNDEG

**KIERMES HÄMMESLMARSCH**
> USELDENG
Harmonie Useldeng

# AUGUST

14.08. | SAMSCHDEG

**SOUND AND LIGHT SHOW**
> USELDENG (CENTRE CULTUREL A BUERG)
Kultur- a Buergfrënn/Harmonie

15.08. | SONNDEG

**GROTTEFEIER OB MARIA HIMMELFAHRT**
> RIPPWEILER
Oeuvres Paroissiales Rippweiler & CdJ

# SEPTEMBER

11.09. | SAMSCHDEG

**TRAKTERSTREFFEN**
> IEWERLENGER-MILLEN
Ferguson Club Lëtzebuerg

12.09. | SONNDEG

**TRAKTERSTREFFEN**
> IEWERLENGER-MILLEN
Ferguson Club Lëtzebuerg

**Wéinst der aktueller Situatioun (Covid-19 Pandemie) kann et sinn dat déi eng oder aner Manifestatioun nach wäert ofgesot gi.**



WWW.USELDENG.LU

GEMENG USELDENG

**ADMINISTRATION COMMUNALE D'USELDANGE**
**2, RUE DE L'EGLISE**
**L-8706 USELDANGE**
**T. 23 63 00 51-1**

Ouverture des bureaux de l'administration communale d'Useldange

**Secrétariat** M. Pit Lang
Sur rendez-vous

**Bureau de la population** M. Tom Lehnert
Lundi : 08h00 – 12h00
Mardi: 13h00 – 19h00
Mercredi/Jeudi /Vendredi : 08h00 – 12h00

**Service technique** M. Marc Ferber, M. Denelle Luca
Sur rendez-vous

**Recette** Mme Tessy Ferber-Anen
Sur rendez-vous

**Redacteur** M. Bob Waltzig
Sur rendez-vous